

Nathalie: Keng lang Explikatio'n, Marie, ge' se'er.

Marie : Wann ech da nach fir t'e'scht de Rescht Geschirr ofdréchenen?

Nathalie: Ném, nóm, fleiss dech. An dan hätt ech gier wans de giffs kucken, wo' den Hèr Dechen (oder Hèr Paschto'er) eragét. Hien ass elo grad an de' eng Gäss eragangen.

Marie : Da muss ech se'er goen, dat ech hien eröm kre'en.

Nathalie: Ném, kuck nómme, dass du hien geseis. An wan den Hèr Dechen dech geseit a no mir frét, so, ech wir net ganz wuel an ech wir ganz fro' wan hien mech besiche ke'm.

Marie : T'Joffer ass krank?

Nathalie: Ech erklären dir dāt wans du eröm bass.-Ge' elo se'er, Marie (Marie déit sei Schirtech aus a gét fort)

3. S z é n

Nathalie: (kuckt durch t'Fönster) Wuer kan hien nómme higoen?...Firwät huet hien sei neien Hutt op?... (kuckt) An dāt Marie fleisst sech ower guer net... Ech wetten, hat könt nés ze spe'd an t'geseit guer neischt me'. An da sin nés do' io Sou verluer (keimt) A, de' Dingschtmédcher... an ech hāt gemengt, ech hätt endlech e gudd Médchen fond we' ech t'Marie krut... Et ass alt grad, we' de' äner... wāt soen ech... nach vill schlömmer!

Marie : (könt eran) Stellt iech emol fir, Joffer, we' ech donidde wor, hun ech an uecht geholl, dat ech ké Sou an der Täsche hāt.

Nathalie: An duerfir köns du eröm!

Marie : Ech gin dach elo net fir io Sou Pastillen op Puff käfen!

Nathalie: Dan häss de we'negstens bis an t'Stross sollte kucke goen.

Marie : Firwät?

Nathalie: Fir ze gesin... fir dāt gewünscht Renseignement ze brengen.

Marie : Ech läfe se'er, ech huele mei Portemonnaie.

Nathalie: Dabo, elo ass et ze spe't.

Marie : An är Pastillen?

Nathalie: De' si fir eng aner Ke'er.

Marie : Sid dir elo net me' krank?

Nathalie: Fro net so' onmane'erlech, Marie.

Marie : Merci, Joffer (et schellt) do könt én (gét opmachen a fe'ert de Besuch eran, gét eröm fort)

4. S z é n

Nathalie, Madame Schwips

Nathalie: O meng le'f Madame Schwips, we' gentil vun èrer Seit. We' sin ech fro' iech ze gesin.

Schwips : Meng bescht Joffer Nathalie, we' gét et iech?

Nathalie: Merci, ganz gudd. Wan ech drun denken, dat mir ons schons zanter virgéscht net me' gesin hun an ech iech eso' vill ze erzielen hun.

Schwips : An ech ere'scht.

Nathalie: Stellt iech emol fir, zanter de Muergen hun ech ewell dreimol d'Madame Bierg hei gesin erlanscht goen.

Schwips : O lala.

Nathalie: Enfin, dreimol an engem Muergen iwert t'Platz goen, an dāt a gro'sser Tenue mengt dir dāt wir nach natirlech?

- Schwips : Dät wonnert mech guer net.
- Nathalie : Dät wonnert iech net?
- Schwips : Bei dér Frä sin ech iwer neischt me' verwonnert. Ech wöll ge'nt ké Mönsh eppes soen, dir kennt mech jo, Joffer Nathalie, ech hu kong be's Zong. Mais huet dir eng Ahnong wat net allerhand vun dér Frä erzielt göt!
- Nathalie : Ech hu mer eso' eppes gezweiwelt... Ech hun nach ni mat dér Perso'n geschwät mais si huet Allüren de' mir ganz a guer net gin.
- Schwips : Et ass eso' e Numero.. Et göt erzielt, et ge'f allerhand an dém Haus gesche' Ech setze jo ké Fo'ss bannert dér hir Dir, an et he'ert e nie dat ech mech mat eso' Leid ophälen.
- Nathalie : Do huet dir volkomme recht, Madame Schwips, et muss én eppes op sech hälen.
- Schwips : Dir verzielt jo neischt weider; ech hun de'selwecht Wäschfrä we' d'Biergs, de' huet mir Säche verzielt, t'ass einfach haarsträubend.
- Nathalie : Dir wösst, ech si verschwiege we' e Gräw.
- Schwips : Nén, ech könt et net verzielen, et ge'f mer iwel dervun.
- Nathalie : T'ass ganz eso' we' ech mir et geduecht hun, wuer komme mir hin?
- Schwips : Jo, wuer komme mir hin; mir gin zu Gronn!
- Nathalie : A sot emol... de' Wittfrä vis-à-vis?
- Schwips : O jo, de' Madame Schwartz, maña.
- Nathalie : We' et schengt, göt dér d'Zeit och nach net lang.
- Schwips : Si huet eng dröleg Art a Weis, dät muss én hir lossen.
- Nathalie : Ech wöll net freventlech urdelen, ech grujele mech dovir, mais ech mengen, si le'ss sech alt hurteg tre'schten, de' ärem Wittfrä. Kuokt, wan ech hei setzen ze schaffen, da gesin ech allerhand. Nach geschter Owend hun ech de' ärem Wittfrä am décke Gespre'ch mat mengem Cousin, dén och Wittman ass, gesin, frei an der Stross, an dät oni ze iwerdreiweng eng Ve'erelestonn gedauert huet. Madame Schwips, dir musst dach selwer zo'gin, ass dät nach anstänneg, op freier Stross, eng Ve'erelestonn!
- Schwips : Eso' Leit, meng le'f Joffer, hu kén A fir Anstand, wät son ech do, si hu ké moralesch Gefill me'.
- Nathalie : Dät ännert ower neischt drun, dat se gär gesi gin, dat se den Hutt weit ofgedu kre'en vu bessre Leit, eso'guer vum Hèr Dechen.
- Schwips : Schwätzt mer net vum Dechen; de' Paschte'er nom neie Modell hu fame's dröleg Opfassungen vun der Sèlsorg. Do wor jo geschter t'ine Sauer bei hien op Besuch gangen a stellt iech emol vir, si wor kaum dreive'erelestonn dobannen, du ass se ganz he'flech zur Dir eraus spede'ert gin.
- Nathalie : Net me'glech!
- Schwips : Grad eso' wor et. D'Madame Sauer huet mir et selwer verzielt. Si hāt dem Hèr Dechen eso' vill ze erzielen, si hāt nach eso' vill Rotschle' ze huelen awer du op émol huet den Hèr Dechen seng Auer erausgezun, ass opgestanen an huet zur Madame Sauer gesot: dir musst mech entschöllegen, Madame, mais ech hun nach e ganz drengenden Besuch ze erlédegen.
- Nathalie : Ass dät dém seng ganz He'flechkét?
- Schwips : Wät nach vill schlömmer ass, déselwechten Owend geseit d'Madame Sauer hien a Schmatts, duerno a Néckels eruasgoen, ganz kleng Leid!
- Nathalie : O de' verke'ert Welt. De' besser Leid gi mat Fe'ss getratt an t'Hief könt uewen.
- Schwips : De' Madame Schwartz, vun dér dir mir elo grad geschwät, de' ass beim Hèr Dechen am göllene Buch, dät wösst dir jo.

- Nathalie: Ech wéss et. Vu mengem Beobachtungsposten aus kont ech an déne leschte 14 Dég den Hèr Dechen zwéimol gesin aus dem Haus erauskommen, ech well net se- en aus dem schlechten mais jiddefalls ganz louchen.
- Schwips : We' traureg! Et schengt de' Wittfrä huet och nach e Mëdchen, dat allerhand bosseg Alluren un d'Licht ke'ert.
- Nathalie: Do brauch én sech net ze wonneren, we' ass dāt Mëdchen erzu gin? Dāt schlöms stellt iech et fir, ass dāt, dat meng kleng Kusun Rosalie gutt mat dem Mëd- chen ass, an dat eng déck Fröndschaft am Gang ass ze entstoen.
- Schwips : Dir wärt dāt dach net zo'lossen?
- Nathalie: Ech wärt scho mei me'glechst versichen, dërs könt der söcher sin.
- Schwips : Wāt fir en Interesse sollen de' Fräleit dan drun hun, dat se èr Kusun Rosa- lie sichen un sech ze bannen?
- Nathalie: We' mengt der dāt?
- Schwips : t'Joffer Rosalie! Mais dāt wär eng gudd Parti fir Schwartzens hire Jong. D'wéss é nie wat fir eng Hannergedanken eso' Leid hun!
- Nathalie: D'Rosalie ass dach awer net reich.
- Schwips : Dāt wuel net... et ass ower èr Ierwin, jidderé wéss dach dāt.
- Nathalie: Gléwt dach neischt eso? Madame Schwips.
- Schwips : Ta, tja,tja... enfin, et huet och neischt op sech. Ent ass söcher: d'Madame Schwartz wier fro' èr Kusun ze föschen fir se ónges gudden Dägs mat hirem Jong ze bestueden, natirlech, t'Mo'cken vun der Joffer Nathalie dermat.
- Nathalie: Dāt gesi mer awer nach!
- Schwips : Et ass meng Pflicht iech ze averte'eren: iwer dé jonge Mönch göt net grad lauter Erbaulechos geschwāt.
- Nathalie: Ass et?
- Schwips : Et wier e Flautert, get gesot, dén net gäre schafft; an e soll och guer net sérieux sin. We' et schengt hāt hien och alt seng puer kleng Geschichtercher
- Nathalie: T'göt gesot e wier zu Pareis.
- Schwips : Jo, hie mecht do seng Dokterstudien zu Enn... an dir könt iech jo virstellen we' so' e Studenteliewen zu Pareis ausgesit. Jé (seufzt)... aramt kleng Rosalie, hat verdengt wahrhafteg eppes me'. Kuckt, Joffer Nathalie, lo dat mer önnere ons sin kann ech iech e Geheimnis unvertrauen.
- Nathalie: Gewöss.
- Schwips : Mei Neveu Alex...
- Nathalie: Maja...
- Schwips : huet mer agestan, dat hien en A op d'Rosalie geworf huet.
- Nathalie: So'?
- Schwips : (begéschtert) Dāt wär de richtige Jong fir èr kleng Kusun. E perfekte, jonge Mönch, ech versöcheren iech, perfekt... ech kenne ké Fehler un him.
- Marie : (ass erakom) (fir sech) We' seng Mattant. (hart) Joffer, ech wollt iech scen, d'Joffer Rosalie ass do mat enger Fröndin an engem klénge Mëdchen.
- Schwips : (stët op) Da machen ech mech eweg.
- Nathalie: A firwāt dann?
- Schwips : Oh, ech sin aussergewe'nlech presse'ert.
- Nathalie: Dir kommt dach secher geschwönn eröm, dat mir nach doriwer schwätzen können. Et ass ganz wichteg. Dāt Kand huet keng Mamm me', an do ass et onbedengt no'twendeg, dat ech mech öm seng Zukunft kömmeren.

Schwips : (schmanteg) Wa mir könnte d'Gléck vun dénen zwé Kanner machen! T'ass eso' sche'n wan én sech ka vergiessen fir nommen un de' äner ze denken. Au revoir Joffer Nathalie, bis da geschwönn.

Nathalie: Au revoir, le'f Frëndin a vergiest t'Erömkomme net (beglét se bei t'Dir)

5. S z é n

Nathalie: (zum Marie) Wo' ass dann t'Rosalie?

Marie : Et huet seng Frëndin an dät Klengt an de Gärt gefo'ert. Hei könt hat Träp erop
(le'sst t'Rosalie cran a gét aus)

Rosalie : Bonjour, Kusun, we' gút et dir?

Nathalie: Zimlech gudd, merci, an dir?

Rosalie : Mir gét et ömmër gudd.

Nathalie: Hues de dech gudd ausgero't?

Rosalie : Eröm vollstänneg op de Bén a fro' endlech all de' Examen hannert mer ze hun, si stonge mer zu gudder Lescht zum Hals eraus.

Nathalie: Da kanns d'elo op de Lorbeeren ausro'en.

Rosalie : O né, Kusun, dät güt et net. Meng Dég si schon eso' agedélt, dat ech kaum nach eng Minut frei sin fir mech.

Nathalie: Wät stichs de dann alles?

Rosalie : Hei ass mei Fahrplan: Muerges schaffen ech zwo' Stonnen mat menger Schwester Helen an ech höllefen onsem Dengschtmédchen e bösselchen am Stöt. Owens hun ech drei Stonnen an Haupesch ze gin, all Däg, mat ausnahm vun Donneschdes. Dén Nometteg sin ech bei de Conquérannte vun de Jongmédercher. Zwémol an der Woch höllefen ech als Katechetin mat Nostonnen bei Kanner, de' den Hèr Dechen ons uvertraut huet. Méndes owes hun ech Studienzirkel, Frotwochs owes ass Versammlung vun der JECF, ech wéss net ops du wéss wät dät ass, ech erklären dir dat eng äner Ke'ër, a Freidesowes gin ech Nostonnen vu Franze'sch a Comptabilité't un zwé Arbechterkanner, de' sech weider ausbille wöllen.

Nathalie: (hiewt ganz entsät den Arm) Mais eso' eppes ass jo verréckt!

Rosalie : Ech mengen au contraire, Kusun, et ass ganz verstänneg. Du wölls dach net un-huelen, dat ech mat mengen 20 Joer 4 Stonnen am Däg schaffen an de' aner Zeit d'Daumen dre'e soll.

Nathalie: Dät ass nés onse ncien Hèr Dechen dén all dät nei Geschirr agefo'ert, wo'vun ech d'No'twennegkét net agesin. Hie wärt dech doran engage'ert hun.

Rosalie : Nén, ech selwer hu mech dem Hèr ugebueden an ech si glécklech dat ech vu ganzem Härz ka matschaffen un enger gudder Säch de' ech kennen a schätzen, de' ech gären hun, a wo'vun ech scho kang gedrémt hun mech mat ganzer Kraft dran ansetzen.

Nathalie: (spöttesch) Jongt Feier, dät nés geschwönn ausgét.

Rosalie : Vielleicht, mais fir de Moment brennt et.

Nathalie: Mir go'f ömmër gesot, de' richtig Nächstele'f ge'f bei sech selwer ufänken.

Rosalie : Ech hun och guer net wölles mech ze vernole'ssagen. Awer de' Nächstele'ft, de' nommen sech selwer kennt, nennt sech Egoismus, an dät ass eppes Ofstossendes.

Nathalie: Ganz richtig. Mais wien ass de' Perso'n de's du matbruecht?

Rosalie : Elo hāt ech hat bäl vergiess: et ass e jongt Médchon, dät ech an onser Equipe bege'nt hun, e le'ft, devoue'ert Kand. Et ass schon eng richtig Frëndin fir mech.

Nathalie: We' héscht et?

Rosalie : Jenny Schwartz

Nathalie: Menger Nopesch vu vis-à-vis hirt Médchen?

- Rosalie : Eso' ess et. Et ass nach friem hei an et kennt dech nach net. Och seng Lam kennt dech nach net. Si wunnen ere'scht zenter dem Do'd vun hirem Papp hei a gi weider net eraus.
- Nathalie: Mei le'ft Kand, du wéss nach kaum mat wém's du ze din hues.
- Rosalie : We' mengers de dāt?
- Nathalie: D'Madame Schwartz ass tatsächlich zenter e puer Me'nt Wittfrä. Ech kennen se net, mais ech wéss, dat an dém Haus sech allerhand ofspillt.
- Rosalie : Wāt ass dāt allerhand?
- Nathalie: Ech kann dir et net explize'eren, mais ech hu gesin.... an et ass mir gesogin...
- Rosalie : Wat hues du gesin a wāt ass dir gesot gin?
- Nathalie: Dreng net a mech, ech bieten dech.
- Rosalie : Lauschter, Kusun, dāt elo ass ganz schlömm was du do behapst. Et sin dach Leid, zu dénen den Här Dechen dāt gre'sste Vertrauen huet.
- Nathalie: Dāt wöllt guer neischt soen. De' Hären hun heiando e Bried virun den Lem. D'Madame Schwartz ass eng hannerlösteg Perso'n, de' sech op eng gemeng Art a Weis an t'Oeuvren vun der Pär erageschlech huet. Vill Dammen sin doriweg ganz onzefridden.
- Rosalie : Aha, aus dém Lach peift de Wand, dāt ass nömmen e bösselche Jalousie.
- Nathalie: Ganz a guer net.
- Rosalie : Jiddefalls, wāt d'Jenny ubelangt, kont ech hat elo drei Woche beobachten a ech hu font, dat hat mat engem wonnerbaren Devouement schafft. Wo' si viru dru woren, stong hat och un der Spötz vun den Oeuvren, et ass begéschtart a schafft mat Feiereifer. Hei an do schwätzt et frei eraus, mais dāt ass dā richtig an aus oprichtigem Herz gesōt.
- Nathalie: Huel dech an uecht, Rosalie.
- Rosalie : Du kanns dech jo selwer iwerzégén. (gét bei d'Dir) Jenny! (eng Stömm äntw. Elo kent et.

6. S z é n

- (Jenny könt eran, et huet d'Lolo bei der Hand. Lolo huet d'Hoer e bösselchen durch-enén, t'Kléder me' ofgedron, net me' ganz proper, t'Strömp op de Schong)
- Jenny : Joffer, et ass mir eng Fréd är Bekanntschaft ze machen. Hei ass mei Schütling.
- Nathalie: (käl) Bonjour.
- Jenny : Als Noper sin ech fro' ech elo ze kennen. (zum Lolo) Lolo, komm so sche' mane'erlech Bonjour.
- Lolo : Bonjour, kléng Diti.
- Nathalie: (gét an d'Luecht) Wāt héscht dāt do?
- Jenny : Entschöllegt, Joffer (zum Lolo) Lolo, so' sét e net zu enger Damm de' é n kennt. So sche'n: Bonjour Joffer.
- Lolo : Dajé alt: Bonjour, Joffer (zum Jenny) Ech sin awer guet net opgeluecht f hei de sche'ne Männchen ze machen.
- Jenny : Et handelt sech nömmen dröm e bösselche mane'erlech ze sin.
- Lolo : (kuckt ongene'ert öm sech) Et ass awer elle chic heibannen. Ech ka mer jo alles ukucken. (gét am Zömmér rondöm, önersicht alles, kratzt sech am Hor)

- Nathalie: (erfe'ert) Ech mengen dāt do ass voll Ongeziefer. Wāt huet dir mir do eppes mat an d'Haus bruecht.
- Jenny : Et ass arme, geplote Leit hirt Kand. Et muß é Matléd mat him hun.
- Nathalie: Gott Gröden nach
- Jenny : De Papp ass ere'scht gestuerwen, an et si 5 Kanner do.
- Nathalie: Kanner fir t'Wésenhaus op Gemengekéschten.
- Rosalie : Awer Kusun, we' herzlos!
- Jenny : T'Caritas huet se heihinne geschéckt, well se wossten dat d'Mamm hei Arbeit könt fannen.
- Rosalie : Den Hèr huet fir si eng kleng Wunnecht font.
- Nathalie: Den Hèr geng besser man sech öm seng Pörkanner ze kömmeren we' öm eso' un hiergeläufene Budek.
- Jenny : Ma Joffer, de' Leit hun dach och eng Se'l we' dir a mir.
- Nathalie: Villeicht.
- Jenny : Ganz söcher.
- Nathalie: An aus wat fir engem Grond kömmert dir iech öm dè' Kanner.
- Jenny : Doduerch dat mer hire materielle Misère soulage'eren, höllefe mer hinnen op de gudde Wé. Mir denken un hir Se'l.
- Nathalie: Dann huet dir nach Arbecht genug.
- Jenny : Et lo'nt sech, Joffer. De' Kanner interesse'ere mech ganz stark, ech fannen se iwigens ganz arteleg.
- Nathalie: Dir sid nawell net kriddeleg.
- Jenny : Dāt Médchen hei ass apart intelligent; et huet schon eng Onmass Gebieder gele'ert an och scho vill Froen aus dem Katjössem.
- Nathalie: Mais huet et dāt da net mat dénen änere Kanner an der Scho'l gele'ert?
- Jenny : Nén, de Papp wollt absolut net an d'Mamm hāt neischt ze soen. Elo ass de Papp do'd an d'Mamm fro' dat mir ons hire Kanner unhuelen an se niewelanscht op d'e'scht Kommio'n virberéden.
- Nathalie: We', huet dāt gro'sst Médchen do nach net d'e'scht Kommio'n gemacht?
- Jenny : Nén.
- Nathalie: An eso' Kommunistekanner brengt dir mir an d'Haus. Se'er fort mat him, et könt mengem Haus Ongléck brengen.
- Jenny : (lacht) Dir huet récht, Joffer, wa mir fort sin ditt der wuel drun mat Wehwasser är Zömmereen auszesénen. Et könt eppes dran hänke bleiwen.
- Nathalie: (opgeregt) Lo hun ech dés grad genug.
- Lolo : (zum Jenny) Dāt ass kéng Bong. De' huet Hoer op der Zong.
- Nathalie: Wāt sét et?
- Jenny : Et erzielt vun senge bloe Schong.- Au revoir Joffer. Bis geschwönn, Rosalie. (mam Lolo of)

7. S z é n

- Nathalie: Ma dāt ass mir e sche'nt affronte'ert Döppen! A wāt fir eng Frechhét, mir so' e klenge Knaschkiwel mat a mein Haus ze brengen.
- Rosalie : Dèt et dir da guer net léd fir dāt aremt Kand.
- Nathalie: Ech kenne Plätze genug wo' ech Matléd muss hun a wo' et me' ubruecht ass a me' propper we' de' elo.
- Rosalie : Duerno dierf é net kucken. Wo' No't ass soll én höllefen.

- Nathalie: Ech hoffe, Rosalie, du hues eso' vill Takt, dass du wés, was du dengem Stand schölleg bass, fir dech net mat engem Jenny Schwartz blo'sszustellen... a besonnesch, dech erfzesetzen, fir dech mat eso' Hongerlidder opzehälen. Wé wéss vu wät se hir sin.
- Rosalie : Dät verstés du net, Kusun, loss mech erklären.
- Nathalie: Dät huet ké Wert an ass verlueren Zeit, ech hu momentan vill me' Wichtiges ma dir ze besprieche.
- Rosalie : Do sin ech awer gespänt.
- Nathalie: Sötz dech hir bei mech (hölt seng Hand a setzt e ganz le'wen To'n op) Mei le' Rosalie, du bass elo Zo Joer äl, deng Studien sin eriwier, et göt Zeit fir dec un d'Bestueden ze denken.
- Rosalie : (verwonnert) Ech mengen, dät hätt ower nach gudd Zeit.
- Nathalie: Au contraire, et ass eng ganz aktuell Fro. Du bass eleng, wells du d'Ongléck has deng Mamm eso' frè' ze verle'eren an dei Papp mat senger viller Arbecht kaum Zeit huet sech öm dech ze bekömmere.
- Rosalie : Grad de Papp rechent stark op mech fir him am Haus ze höllefen a mech öm meng jéngst Schwester ze kömmere.
- Nathalie: Ganz d'accord, mais du hues ower och t'Recht fir dei Gléck ze suergen. Eso' eleng am Liewen ze stoen, gléw mer es, ass net angenehm.
- Rosalie : Fir de Moment ass et mei gre'sste Gléck e bösselche Fréd am Papp sei Liewen ze brengen a fir meng kleng Schwester ze suergen. Natirlech verzichten ech ne op t'Bestueden wan dé richtigen an e puer Joer könt.
- Nathalie: Fir wät dann ere'scht an e puer Joer?
- Rosalie : Well ech guer net presse'ert sin a well ech mech net, nömme fir bestued ze si un dén E'schtbeschten hänken... well ech u mei zukünftigen Ehepartner Bedingunge ze stellen hun.
- Nathalie: Du bass nawell ganz exigent.
- Rosalie : (mat Beto'nong) Nawell jo, Kusun. Ech fassen t'Liewen ierscht op an du kanns es secher sin, dat ech mech nie mat engem jonge Mönch bestueden, dén an de wichtigste Liewensproblémer net de'selwecht Opfassung huet we' ech. Ech menge mei Kapp sötzt mer so' fest töschend de Schölleren dat net emol e Milliarder mir e verdre'e könt, a mein Hierz hun ech eso' an der Gewalt, dat kén et, och net mat déne schmantechste Wieder, et un wackle kritt.
- Nathalie: Du schwätz eso' theatralesch, dat ech bäl läche muss.
- Rosalie : Ech wösst net firwät. Du wolls mir vum Bestuede schwätzen an ech soen dir nömme we' ech doriwer denken, däs alles.
- Nathalie: Huet dei Papp nach ké fir dech am A?
- Rosalie : Ech denke net: wuel huet hien des Dégs e jonge Mönch, dén hie gutt kennt, gar vill geluewt. Et ass e Medezinstudent.
- Nathalie: (gespant) A we' héscht en?
- Rosalie : (roeg) Ech wéss et net. Ech denke momentan so' waneg un d'Bestueden, dat ech emol sei Numm net gefröt hun.
- Nathalie: (iwerlét e bösselchen) A wann ech dir én ze propose'eren hätt?
- Rosalie : Entschölleg, Kusun, wann ech dir et soen, et ass nach vill ze fre!
- Nathalie: So, Rosalie, hues de Zo'trauen zu mir oder net?
- Rosalie : Ech hun all Zo'trauen, nömme grad...
- Nathalie: Nömme grad, wät?
- Rosalie : Nömme grad, du wéss wät ech elo grad gesöt, et ass onnotz et nach eng Ke'er ze widerhuelen.

Nathalie: Rosalie, du wéss gudd, dat ech net onverme'gend sin. Ech hu soss keng Famillge we' deng Schwester an dech. Vun dengem Papp kanns de der finanzleill neischt erwarden, wanns de dech awer gudd mat mir häls, könt ech dir e sche'nen Trousseau besuergen.

Rosalie : Ech soen dir villmols merci fir dei gudd Härz mir gegeniwer. Mais ech wider huele nach eng Ke'er ausdrécklech, dat neischt mech decide'ere kann mech mat engem Jong ze bestueden dé net no mengem Idi ass, eso' ké Geld.

Nathalie: (be's, stét op) Du bass schwe'er éfällleg.

Rosalie : Dät mengst du eso'

Nathalie: Et huet ké Wert fir nach lang ze diskute'eren, wan én dech schwätzen he'ert, da mierkt én dach gleich, das du et schon op én ofgemönzt hues. A wie wéss d'Säch ass scho vleicht me' weit avance'ert we' s'du et wölls zo'gin.

Rosalie : Do Bass du awer total um Holzwé.

Nathalie: Dass scho gudd. Dei Papp wollt mer schons nie nolauschteren, du hues dés Kapp, dat hun ech elo gesin. T'ass mer och schliesslech egal, sich der, wäts de wölls.. den André Schwartz oder en äneren, mir ass et Wurscht.

Rosalie : Den André Schwartz? Dé kennen ech guer net.

Nathalie: Jé, jé, jé, ech gesi klor hannert dei Spillchen, ge'... mais et könt dir nach enges gudden Dägs léd gin, dass du meng gudd Re't an de Wand geschloen hues.

Rosalie : Ech sin einfach platt, Kusin, ech versti glad neischt me'

Nathalie: (drängt d'Rosalie bei d'Dir) Et huet ké Wert me' weider ze diskute'eren. Ech si midd, au revoir!

Rosalie : Au revoir, Kusin (fir sech an der Dir) Do göf é Mönch klug (gét fort)

8. S z é n

Nathalie: (opgeregt) De' ékleg Popp! Hueß ké Sou awéss kén... a wöllt mir nach Virschröfte machen. So' ass d'Jugend vun haut. Et ass fir gro Hoer ze kre'en. (riff) Marie!

Marie : Wat gelifft, Joffer?

Nathalie: Ech si net ganz an der Rei, mach mer eng Täss Te'.

Marie : Ass d'Joffer krank?

Nathalie: Jo a nén, et gét eppes mer net.

Marie : Kann ech dann derfir?

Nathalie: Né, neischt... gé se'er.

Marie : (gét aus, fir sech) A wät der Jomer ass dér da nés iwer d'Liewer geläff?

9. S z é n

Nathalie: (op hirem Poste bei der Fönster, hiewt de Rido, kuckt) Mei Gott... we' ass d'Liewen dach eso' traureg.... A, du Zara, du schle's meng gudd Re't an de Wand. Du wölls et och machen we' dei Papp, dén seng Kusin Nathalie bei d'ält Eise rehent. Huel dech an uecht, de' äl Mo'ken hun och nach Göft (de Rido op) Ma do gét d'Madame Schwips jo nés lanscht. (riff) Marie, Marie.

Marie : Wät gelifft, Joffer?

Nathalie: Ech gesin donidden gét d'Madame Schwips iwert t'Plätz. Ge' se'er of a so hir ech misst onbedengt gleich mat hir schwätzen.

Marie : Ech gin, ech läfe se'er. (gét se'er fort)

Nathalie: Ech muss se we'nst déer Affaire um courant hällen. Zwé fannen do besser wät é mache könt we' ént eleng (kuckt durch d'Fönster) An der Rei, si huet verstännen, elo könt se (stét op, gét hir bis an Dir entge'nt)

10. S z é n

Schwips : Dir huet meck ruffe losst, Joffer Nathalie?

Nathalie: Kommt eran a sötzt iech. Entschöllegt, dat ech iech geruff hun, et ass we'nt enger drengender Säch.

Schwips : Ech gléwen et, ech wär o'nidém scho komm, ech hun och mat iech ze schwätzen.

Nathalie: Ass et?

Schwips : Nach ömmer de' Witfrä, de' Schwartz. De' Frä iwerdreiwt. Stellt iech emol vir ech hun elo gehe'ert si hätt beim Hèr Dechen durchgesät fir Präsidentin Bazar de Charité fir de' nächst Oktav (Kirmes) ze gin. Hire Stull ass nach net warm hei an der Pär, a schon ass si iwerall vir, dat ass dach allerhand!

- Nathalie: Ech wollt iech och vun hir schwätzen.
- Schwips : Net me'glech.
- Nathalie: Ech hun elò grad mam Rosalie vun engem eventuellen projet de mariage geschwät
- Schwips : An t'bestét Aussicht?
- Nathalie: Olala, dät Krappecht huet eng Riedensart, huet gro'ssarteg Theorien opgedösch a gesot et ge'f sech nömme bestuede mat engem dén him geng gefälen an doran le'ss et sech vu kengem draschwätzen.
- Schwips : Wät en Toupi!
- Nathalie: Ech hu gleich erausfont wo' t'Kromm an der Héck le'g a sin flang drageflatscht Ech sot him rid an d'Gesicht: den André Schwartz ass et, et wosst neischt duerop ze äntwerten, also stömmt et.
- Schwips : (ziddert) An.... mei.. .Neveu Alex?
- Nathalie: Dé könt erè'scht an zwéter Plätz.
- Schwips : Dät muss an alle Fäll verhönnert gin.
- Nathalie: Dér Ménong sin ech och.
- Schwips : Awer we' solle mer ons do uléen?
- Nathalie: (denkt no) Ech froe mech nömmen, we' konnt t'Rosalie nömmen an d'Krallen vun dér Frä kommen. Wie kann dé Mariage geplangt hun?
- Schwips : Do frot dir nach wien?... mais dät leit dach op der Hand...den Hèr Dechen!
- Nathalie: Mengt der?
- Schwips : Dät ass klor we' Studentenzopp. Den Hèr ass den Hellegmècher.
- Nathalie: Dir könt nawell recht hun.
- Schwips : (tragesch) Onsen Hèr, meng Le'f, dät hun ech och elo grad ere'scht he'eren, kennt nömme me' d'Madame Schwartz. Si huet him gesöt wät eng gudd Parti fir hire Jong wier. Du sin se op t'Rosalie gefall an de Plang wor fèrdeg. T'Schwe'ermamm, zo'künftig Präsidentin vun allen Oeuvren, an t'Schnauer, de' an hir Schong an Huesen trött, ech gesin dät schon als fèrdege Plang, et kann net aneschter sin.
- Nathalie: A mir àner, de' mer ons so' vill Joren gehei hun, gin ömmer me' op d'Seit gesä
- Schwips : Mir zielen haut dach net me', dät leit op der Hand.
- Nathalie: Den Dèchen huet e Briet virun der Stir.
- Schwips : Lo grad hun ech hien eröm gesin bei Schwartzens erauskommen.
- Nathalie: T'leit op der Hand, dät göt och nach eng Ke'er e schwe'ere Skandal.
- Schwips : Meng le'f Joffer, ech fille mech verpflichtet, dora Möttel ze léen; ech soen iech et am Vertrauen (me' lues) ech hu fest wölles dät am Bistum ze mellen. Ech schreiwen nach haut den Owend. Dät sin ech der gudder Säch schölleg.
- Nathalie: Önnerschreiw der de Bre'f dann och?
- Schwips : Ech wéss net op dät mir net me' schueden we' notze könt, ech hãle net drop an Ongemellekëten ze kommen (denkt no, Fanger op der Stir) lauschttert, ech hun eng àner Iddé.
- Nathalie: An de' wir?
- Schwips : (kuckt öm sech) Mir si jo secher ganz eleng? Ka kón ons nolauschtren?
- Nathalie: Dir könt ganz ro'eg sin.
- Schwips : Wa mir der Madame Schwartz schreiw ge'fen.
- Nathalie: Aus wellechem Grund?
- Schwips : Ma... dat se net me' drun denkt fir hire Jong mam Rosalie ze bestueden.
- Nathalie: Mir könne neischt ge'nt t'Rosalie schreiwen, am fong geholl hass him neischt virzwerfen.
- Schwips : Dät wuel, mais fir zum Ziel ze kommen, därfe mir net virun de Möttelen zréckschrécken. Mir könnte jo verschiddenes erfannen.
- Nathalie: (zögernd, mais schon hallef besiegt) Natirlech. Et ass zwar net sche'n dät mir eso' Wée musse goen.
- Schwips : Secher net... mais huet dir da le'wer wan de' Frä an e puer Me'nt mat èrem Rosalie önnert ärer Fönster lanscht gét an et hirt Kand nennt.
- Nathalie: Nén, dät nie a nimmer.
- Schwips : Abbé, da setzt är Jaloen fir dät ze verhönneren.
- Nathalie: (zéckt) Kuckt, Mme Schwips, ech sin e böschen.... we' soll ech soen....färter: rech, gene'ert, ech hun so' en zart Gewössen.
- Schwips : Ze vill en zart. Am Liewen muss én hei ans do mat der Dir an d'Haus fãle können, a wan et muss sin, och eng enersgesch Decisio'n treffe können.

Nathalie: Dir huet recht.... et gôt gemacht.

Schwips : Mir musse natirlech ganz virsichtig sin. Ech verstelle meng Schrôft. Op d'Bre'fpapeier musse mer uechtdin; et därf kânt ze din, dât hei kâft gin ass

Nathalie: Ech hu wat mer brauchen (gét an de Schâf) ech hun dât hei vu Letzeburg komme geloss, ké Mönch huet et gesin, an ech hun och nach ként verschriwen (hölt bloe Popeier an eng Enveloppe eraus).

Schwips : Dât do ass de Cotteng... well et gét net duer mat engem Bre'f. Op é Bre'f gôt é gewe'nlech net uecht, dé gôt an den Uewen geworf, mais en zwéten, dén brengt schon zum Nodenken an en drôtten iwerzégt vollstänneg. Huet dir eng Fieder an Tönt?

Nathalie: (bringt e Stylo) Hei ass mei neie Stylo.

Schwips : Also ech schreiwen, dir dikte'ert net?

Nathalie: Dir wösst dach besser we' ech we' én so' eppes muss opsetzen.

Schwips : (denkt e we'neg no, schreiw t dann) Madame, we' et schengt huet äre Jong wölles mat enger gewösser Joffer Rosalie, de' dir gudd kennt, ze freien. Lo, wo' et nach Zeit ass, denken ech iech en Dengscht ze léschten, wann ech iech op verschidde Sâchen opmierksam machen.

Nathalie: Schreiw t fir d'e'scht vum Papp. Domat kann ech him seng Grobhéte mir vis-à-vis quitt machen.

Schwips : Wat soll ech schreiwen?

Nathalie: Schreiw t, dat hien schwe'er Scholden huet. Et ass zwar iwerdriwen, mais et mecht gudd!

Schwips : (schreiw t) leit schwe'er hannendran; déck Scholden.

Nathalie: t'ass dermat ze rechnen, dat en a nächster Zeit a faillite gét.

Schwips : Ganz gudd (schreiw t) faillite gét.

Nathalie: Elo d'Rosalie... furt dir selwer virun.

Schwips : (schreiw t) D'Rosalie ass e falscht, scheinhellegt Dengen, dât mat senge fromme Mane'eren e ganzt lichtsenneg Liewen verstoppt. Ech Kann iech so'guer verschidden kleng Detailler an Tâtsachen ugin.

11. S z é n

Marie : (kônt onerwart se'er mat engem Plateau eran) Ech hun och eng Tâss Te' fir d'Madame Schwips gemât (de' zwo' verstoppen hurteg de Bre'f, léen eppes drop)

Nathalie: Du könnst ower klappen e'ers de era könnst.

Marie : (setzt de Plateau nidder) Entschöllegt, Joffer, ech hât ower de' zwo' Hänn besât.... An ech wéss jo och, dat dir keng Geheimnisser huet (geseit t'Köschmam Bréfpopeier de' offen um Dösch stét) Oh, wât sché Bre'fpopeier. Sôt, Joffer, gôt mir eso' e Blât, fir mengem Freier ze schreiwen.

Nathalie: (rosen) Marie, du bass onverschimt. Ech bieden dech, dech net a Sâchen ze möschen, de' dech neischt ugin an op der Plätz an deng Kichen ze goen.

Marie : Ma...ma... Joffer, ech gi jo gleich.

Nathalie: (zur Mme Schwips) Hautdesdägs ass ower och keng Diskretio'n me' bei den Dingschtmédercher.

Schwips : Wât wöllt der hun, Joffer Nathalie, dât ass de' modern Jugend (si sôtzen sech bei hiren Te-)

Marie : (fir sech iwerdém et erausgét) Wan ech nach nömme we'sst, wât de' zwo' do zesummen ze hechelen hun?

R I D E A U

II. A K T

Am beschten Zommer bei der Mme Schwartz: Döscher, Still, Fotellen. Jong Médercher schaffen un Handarbechten fir de Bazar. D'Madame Schwartz fällt, range'ert a numere'ert t'Sächen. D'Médercher sangen zesummen e Jongmédercherslidd wan de Rido opgét.

1. S z é n

- Mme Schwartz, Jenny Schwartz, Médercher: Louise, Yvonne, Léonie, Marie-Josée, Mathilde
- Louise : (weist senger Nopesch d'Arbecht) Kuckés... wät sés de dervun?
- Yvonne : We' sche'n... um wivillte bass de schon?
- Louise : Et ass dät fönneft.
- Léonie : Meng Komplimenten. Ech hun elo gleich eng hallef Dozen Nuesschnappecher färdeg an ech färten et göt soss neischt me'.
- Jenny : Net dach, du geheis d'Klöppelen se'er bei d'Tromm. Net de Courage verle'eren bis dat mer färdeg sin.
- M. Josée : Dät son ech och. Mir müssen dé sche'nste Stand vun der ganzer Plätz hun.
- Mathilde : A wan d'Madame Schwips och nawell gring a giel vu Jalousie göt.
- Schwartz : Nujé, Kanner, keng Bo'ssegten.
- M. Josée : Ass et wo'er? Ech hun he'eren, d'Madame Schwips hätt sech önnere Donner a Blötz mam Hèr Dechen ausernégesät an sech duerophon vun allen Oeuvren vun der Pär zeréckgezun.
- Yvonne : (spööttesch) O jé, a wät göt dann elo aus ons.
- Louise : Dät gléwen ech net gär, si bleiwt ömmer nach gär den Hunn am Kuerf.
- Léonie : Dér Ménong sin ech och.
- Mathilde : Ass et iech net och opgefall, dat d'Joffer Nathalie bei kénger Virberédongsversammlung op d'Fest dobei wor.
- M. Josée : We' et schengt ass si och net ganz fro' mam neien Hèr Dechen.
- Louise : Hie gét si vleicht net genug um Röts froen.
- Yvonne : Wann si nömmen dohém ble'f, t'ass kén dén se vermösst.
- Schwartz : Kanner, ech hun de' Gespre'cher do net gär, fänkt le'wer en äner un.
- Léonie : O wa mir se mol richtig gengen durchkämmen, et ble'f net vill Gudds me' un hinnen.
- Jenny : Domat errécht der neischt, dir schued nömmen iech selwer an èrem Numm.
- M. Josée : Jiddefalls hätte mer ower net onrecht.
- Schwartz : Kanner, juge'ert ni ze streng, dir sid nach jonk a verstitt net hir Situatio'n. De' Dammen hun sech fre'er eleng öm all Oeuvren an der Pär gekömmert. Lo könt e neien Här, en ass me' modern an senger Opfassungen, seng Methoden vun der kath. Aktio'n sin net me' de'selwecht we' fre'er, hie baut e neie Kader op mat moderne Möttelen. Da braucht der iech net ze wonneren, dat de' Dammen, de' stur um Alé festhålen op émol ausser Rand a Band geröden, sech belédegt fillen an hirem klengen E'ergeiz. Et ass ganz mönschlech, denkt iech an hire Fall.
- Mathilde : Dir sid ganz nobel, Madame Schwartz. Dir entschöllegt aml Mönsch, dir supponne'ert bei kengem Mönsch eng Bo'ssegt.
- Schwartz : (weist him d'Hand, d'Fangere weit ausenén) Et muss é weit durch d'Fangere kucke könne, mei Kand, fir all mönschlech Schwéchten, wa mir wöllen, dat den Härgott et enges Dägs och eso' mat ons mécht.
- Louise : Dät ass wo'er, losse mer eng äner Ried ufänken.
- M. Josée : Ech sin d'accord. Awer wan dir de Bléck gesin hätt dén d'Madame Schwips mir zugeworf huet we' se mech gesin huet hei eragoen. Et kann hir jo ganz eggel sin, wan ech bei iech schaffe kommen!
- Schwartz : Du juge'ers dach secher ké Mönsch op en einfache Bléck hin. De' Damm ass haut vleicht schlecht opgeluegt, huet Migrän oder d'Zänn we' oder soss e Misär?... An daerfir hues du vleicht net dé fröndlechen a le'we Bléck kritt déns du gäre gehät häss.
- M. Josée : Op hirt fröndlecht, sche'nt Gesicht verzichten ech.
- Jenny : Da loss se och elo a Ro', wölls de?

M.Josée : Et ass an der Rei.
 Jenny : Huet kén d'Rosalie haut gesin?
 Mathilde a Léonie : Nén!
 Yvonne : Et ass awer bosseg, dat et des Déj guer net schaffe ko'm.
 Jenny : Et ass géschtowend och net kom fir seng Stonn.
 M.Josée : Soll et krank sin?
 Jenny : Dät gléwen ech net. Ech hun et de Muergen an der Kirech gesin.

II. S z é n

Jenny : Bonjour, Helene.
 Helene : Bonjour, Madame, bonjour alleguer (get evtl. allegueren d'Hand)
 Schwartz: Du könnst och bei ons schaffen, dät ass sche'n.
 Helene : Eigentlech net, Madame, ech wollt nömmen d'Rosalie entschöllege kommen
 an d'Joffer Jenny bieden nom Lolo ze kucken am Rosalie senger Plätz fir
 e puer Déj.
 Jenny : Wät ass da nömmen lass? Ass d'Rosalie krank?
 Helene : Nén.
 Jenny : A wät dann?
 Helene : Et ass e bösselchen an enger mösslecher Situatio'n. Et huet e puer wich-
 teg Demarchen ze machen, so' dat et net iwer seng Zeit eso' verfüge kann
 we' gewe'nlech, an duerfir bieden ech d'Joffer Jenny, hat se ersetzen.
 Jenny : Dät do gefällt mir guer net, dat ech als seng Fröndin mol net därf wössen
 wo' et him félt.
 Helene : Hat wollt net..... an ech wéss et selwer emol net.
 Jenny : Dät ass ower bosseg.
 Schwartz: Jenny, wan d'Kand dir et net soe kann, da fro et net. Sötz de dech net e
 we'neg, Helene?
 Helene : Né, merci, Madame, ech därf net ze saumen, ech muss gleich hém goen.
 Jenny : So zum Rosalie, et soll eso' bäl we' me'glech mech besichen kommen....
 oder wan dät him le'wer ass, da kommen ech bei hatt.
 Helene : Joffer, et ass besser, dir kommt den Ament net.... d'Arbechter sin am
 Streik an si hun d'Usine besät. Zu ons soen se neischt well si ons kennen
 fir äner Leit wir et ower vleicht net wo'er.
 Jenny : Dät stömmt; da so zum Rosalie, et soll dach den Owend nömmen fir én
 Abléck bis erwär gespronge kommen.
 Helene : Ech wéss net op hat ka kommen, mais ech wärt him är Kommissio'n ausrichte
 Jenny : Gudd, Helene.
 Helene : Au revoir, Madame, au revoir, dir Jofferen (göt d'Hand an of)
 (Jenny gét mat bis aus.)

III. S z é n

Mme Schwartz sötz me' op der Seit bei hirer Arbecht.

Louise : Verstitt dir eppes dovun?
 Yvonne : Ower och glad neischt. Wät soll do nömmen lass sin.
 Léonie : Et muss dach eppes geschitt sin. (Jenny könt eröm)
 M.Josée : (zum Jenny) Et wollt ower och guer neischt soen.
 Jenny : Né, neischt. Ech muss onbedengt dät aremt Rosalie gesin. Wan hat e Léd
 huet, da wöll ech et wössen.
 Schwartz: Sief elo ro'eg, Jenny (mecht him en Zóchen net me' virun ze fueren)
 Mathilde: Dät do ass net me' natirlech, an och mengen ech könt bäl mat den Hänn
 duerno greifen.
 Yvonne : Wät dann?
 Léonie : Da schwätz virun.
 Mathilde: Nén, ech wöll der Madame Schwartz hire Wonsch respektere.
 Jenny : Firwät?... Du denks un de' Perso'nen, vun dénen mer lo grad Rieds häten?
 Mathilde: Vleicht.

- Schwartz : Kanner, t'Auer ass viru rond gangen a mir hun dichtet geschafft. We' wär et wa mer iwermer om de'selwecht Zeit virufuere ge'fen?
- Madame, Yvonne: We' dir wöllt, Madame (si stin all op, fülen hir Arbechten zesammen)
- Jessé : Haut göt et en onerwarte Schluss.
- Jonie : An en traurigen!
- Mathilde : (dét sein Hutt op) Ech sin e bösselche quérsch, an et ass och egal; mais w ech we'sst dat de' Madame Schwips eppes mat déar Affaire ze din hätt, si ke'm mer net ongeschur eweg.
- Schwartz : (Fanger um Monn) Mathilde, Mathilde
- Mathilde : Gesid der, wät ech gesöt. Au revoir, Madame, a neischt fir ongod.
- Schwartz : Au revoir, Kanner (d'Médercher gi fort)

IV. S z é n

- Jenny : Mamm, ech denken du schwätz elo.
- Schwartz : Wät soll ech denken a soen, mei Kand.
- Jenny : Mamm, ech wéss, du hues irgend eng Ahnong. Ech hun an uecht geholl, du wars ganz gene'ert we' vum Rosalie rieds wor.
- Schwartz : We' mongs de dät, Jenny?
- Jenny : Ass et dan eso' schlömm?
- Schwartz : Nén, et ass neischt derhanner, we'negstens net fir de Moment.
- Jenny : Et ass ower eppes net an der Rei, du gestés et jo selwer an.
- Schwartz : Jenny, ech bieden dech, mech elo net weider ze belästigen; wann ech emol kann, soen och dir alles.
- Jenny : Meng le'f Mamm, ech mengen du häss dach guer keng Ursach fir mir eppes ze verhémlehen. Kuck, nach geschter hues de d'Rosalie apart geluewt. Du hues mer gesöt wät den Här Dechen Guddes vun him a sengem Papp denkt. Du hues mir mat Fréden de Bre'f virgelies, dén seng Directrice aus dem Pensionat iwer hatt geschriwen, de' hatt kennt als en aussergewe'necht le'ft an idealt M'édchen.... an ech hu gemierkt we' fro' dats du wors drun ze denken, dat d'Rosalie vleicht geschwönn dem André seng Frä könt gin.
- Schwartz : Alt net eso' hurteg, de' Heiratspleng leie nach weit ewech.
- Jenny : Gudd genug. Den André huet d'Rosalie ere'scht eng Ke'er gesin. Et huet him ganz gudd gefall, hien huet et offe gesöt, an du wors selwer enchante'ert dervun.
- Schwartz : Dät ass wo'er.
- Jenny : An op émol bass de ganz change'ert. Et könt é bäl mengen, du häss dech ganz ge'nt d'Rosalie agestallt. Firwät?
- Schwartz : Du iwerdreiw, Jenny. D'Bestueden ass dach keng Säch wo' én einfach dra sprengt, dät wéss du gudd. Ech wöll virun allem dem André sei Gléck, an dei Brudder ass eso' en ideale Jong, fir dén ech all Garantien muss hun an dén ech net gier mir neischt dir neischt an irgend eng Säch erafäle lossen.
- Jenny : An irgend eng Säch.... mam Rosalie?
- Schwartz : Wie wéss!
- Jenny : Mamm, so' mer se'er, wäts du he'eren hues. Du gléws net, we' de' ganz Geschicht elo nech vexe'ert.
- Schwartz : Ech wéss bis elo neischt Präzises, we'negstens neischt Söcheres.
- Jenny : Mais Mamm, no all dém, wät sérieux a fein Leit vum Rosalie gesöt hun, le'ss du dech dach net beeinflussen durch Gewäsch, durch dommt Geschwätz. So mer emol fir t'e'scht: wie sin de' Wäschfräen, de' be's Zongen?
- Schwartz : Ech wéss et net..
- Jenny : Dät ass ower stärken Tubak (et schellt, Jenny gét opmachen)

V. S z é n

- Jenny : (könt mam Lolo eran) Kuck, et ass onst klengt Lolo. A wuer gés du nach so' spe'd, moi Kand?
- Lolo : (sét Bonjour) Et ass we'nst onser Giedel dohém... Si leit önner em Gedicht: Si ka guer net opstoen.
- Jenny : Ass deng Mamm krank?
- Lolo : Jo!

- Schwartz : Zenter we'ni?
 Lolo : Geschter Owend, si huet d'ganz Nuecht gepinscht.
 Jenny : Wät félt hir dann? Wéss du et net?
 Lolo : Nén. Haut de Murgen wor ons Nopesch, d'Madame Gre'd do. Si huet den Eukter bestallt. Dé sot, si misst fest am Gedichs leie bleiwen, soss könt si ka-pott goen.
 Schwartz : We's du dät do ziels!
 Lolo : Et ass ower richtig.... d'Madame Gre'd huet ons haut gekacht a gebracht... nömmen, si muss mur schaffe goen. Du söt ech zur Mamm, ech ge'f der Joffer Rosalie an iech et soen.
 Jenny : Dät ass och ganz gudd eso'. Hues de d'Joffer Rosalie gesin?
 Lolo : Jo, ech kommen vun hinnen.... nömme grad, dät huet och weider neischt ge-mät ewe' pinschen.... an hat ass awer net krank.
 Jenny : (bekuckt seng Mamm, zum Lolo) Wéss du fir wät dat hat kreischt?
 Lolo : Nén, si wollt mer et net soen. Si huet mech eso' fest, eso' fest gekösst, dat et mer we' gedoen huet um Bäck.... ech war ower fro'.
 Jenny : A wät huet hat gesöt?
 Lolo : Hat söt: Du mei klengt Lolo, du bass dach we'negstens net niddeträchtog.
 Jenny : (kuckt nach op seng Mamm) Könt hat dan bei deng Mamm?
 Lolo : Mur vleicht, awer et ass nach net secher. Hat sot, ech soll iech et soen.
 Jenny : T'ass gudd, mei klengt Lolo, ech kommen o'ni Fé! So denger Mamm dät. So, si soll sech dran ergin an hönt gudd schlofen, mur gét et besser (geseit eng blo Enveloppe, de' aus dem Lolo senger Manteltäsch erausstét) A wät hues de dan do an der Täsch?
 Lolo : So' eng ä! Krébnk huet mer e gin an och é Frang fir mech an si söt, ech soll en dem Här Dechen an d'Bre'fköscht werfen wan ech lanscht ging. Hei sin och d'Suen. (weist de Frang)
 Schwartz : (iwerrascht) Mei Gott!
 Jenny : Wät séss de, Mamm?
 Schwartz : Neischt.
 Lolo : E Frang, dät ält Döppen. Ech gin e menger Mamm fir Zocker ze käfen.
 Jenny : So' ass et richtig. An den Owend bieds de gudd fir deng Mamm, dat si eröm gudd göt.
 Lolo : a jo, ganz secher.
 Schwartz : Kenns du de' Frä, de' dir de Bre'f gin huet?
 Lolo : Nén.
 Schwartz : Ge'fs du se dan eröm erkennen, wans de se nés bege'ne ge'fs.
 Lolo : Secher dät..... mais t'ass schon deischer, elo muss ech se'er läfen.
 Schwartz : (hölt e Geldstéck aus der Täsch) Hei, mei Kand, göf dät denger Mamm, fir eppes ze käfen wät se brauch.
 Lolo : Oh, zwanzeg Frang, dät ass keng Klengegkét. Merci, Madame. Bis mur, Joffer Jenny.
 Jenny : Bis mur, Lolo, a versurg deng Mamm gudd (fe'ert d'Lolo bei d'Dir dät fortgét)

VI. S z é n

- Schwartz : (eleng) De' Enveloppe do schengt de'selwecht ze sin, we' ech se krat. Wan ech nömmen erausfanne ge'f wien et ass.
 Jenny : (könt eröm) So' Mamm, firwät hues du d'Lolo iwert de Bre'f nogefrot wän hatt kritt hāt fir anzewerfen?
 Schwartz : o..... fir neischt.
 Jenny : Natirlech.... (fir sech) Et ass awer eppes dohammer an ech muss eraus-fannen wät et ass.

R I D E A U

III. A K T

=====

Eng arem Kummer an dér alles durchenén leit. E Bett: e Stre'säck op Köschten. Weider Stre'séck um Buedem, e Kannerbett. Evtl. e klengen Uewen. Wäsch op Ficellen am Zömmmer ausgespänt. Mme Sis, dem Lolo seng Mamm, setzt an enger klenger Fotell bei engem wackeligen Dösch. Dorop stin Täsén, Glierer, Medezinfläschen asw.

1. S z é n

Mme Siss, Lolo, Mme Gre'd

- Gre'd : Dajé, Siss, huet dir d'Nuecht gudd eriwer kritt?
 Siss : Schwätzt mer net dovun, Gre'd.
 Gre'd : Kont der da guer net schlöfen?
 Siss : Dach, e ganz ewe'neg, awer ech hun am Schlof gefuebelt. Ech hu gedrémt mir ge'fen an enger hölze Bud hausen an d'Bowen giffe mat ons am helle Galopp e stengege Bierg erarullen.
 Gre'd : Dät ass d'Fe'wer dät iech so' ellen drémen dét.
 Siss : Wät sot den Dokter geschtowend. Ech hun et net he'eren.
 Gre'd : Hie söt, et wär net eso' schlömm, nömmen dir misst iech versuergen a gud wärm hällen. Wuerfir sid dir dann opgestänen?
 Siss : Am Bett kre'en ech keng Loft, ech mengen ech misst dran erstécken. Ech sötze vill me' bequem an dér klenger Fotell hei, de' dir mir gele'nt huet
 Gre'd : Ech muss haut an zwé Heiser d'Wäsch mache goen. Wé kuckt da no iech, wan ech net hei sin?
 Lolo : Et ass eng Joffer de' könt.
 Siss : Mengs de? De Kléschen könt net am Summer.
 Gre'd : Wät fir eng Joffer?
 Siss : Hat huet der Joffer vun der Fabrik et gescht. Wösst der, onst Lolo hält sech a leschter Zeit mat déne bessere Leit op.
 Lolo : d'Joffer Rosalie.
 Gre'd : A jo, de' kennen ech, si göt an Haupech Stonnen an ech mächen d'Wäsch an der Epicerie vis-à-vis.
 Siss : Ech gléwe net drun, dat si soll kommen, de' Joffer könnt ons net.
 Lolo : Wan ech dir soen dach.
 Gre'd : Et ass och alt eso' e Numero, et göt so' vill doröm geschwät, we' et schengt ass och alt net vill mat em lass.
 Lolo : Kernzengpipp, a wät fir eng Knaschtséck hu ge'nt hat geschwät?
 Siss : Lolo, hál de Bäck a loss ons schwätzen.
 Gre'd : Ech soen nömmen wät ech gehe'ert hun. T'ass nun Émol eso': bei déne bessere Leit ass och besseren Dréck, an si sin am Fong geholl net besser we' dé aner Leit. Mir äner sin net reich, mais mir si we'negstens anstänneg an e'erlech.
 Lolo : Ech scen iech awer, dat de' Joffer e ganz feint Médchen ass.
 Siss : Lolo nach é Wuert, da rabbelt et an der Bro't gäss.... Wät ass dan alt gezielt gin iwer dät Médchen?
 Gre'd : An der Epicerie hätten se rieds dervun. Ech wéss neischt genées. Op jidder Fall wöllen Haupesch et net me' fir hiran Médchen Stonnen ze gin. Wan et elo ower no iech kucke könt, da losst et ro'eg gewärden, da braucht der iech alt net no engem äneren ömzesin.
 Siss : Keng Angscht, et könt scho net. Firwät sollt et och kommen?
 Lolo : An ech soen jo dach: et könt, da wärs de gesin.
 Gre'd : Ech sin net fro' mat dér Zort Leit.
 Siss : Ech och net.
 Gre'd : T'ass vleicht och guer net wo'er wät gesot ass gin.
 Lolo : Ganz secher ass et net wo'er.
 Gre'd : Jiddefalls ass et gutt, dat dir Beschéd wösst, so' könt dir iech ömmer anuecht huelen.... wan hat vleicht ower ke'm.
 Siss : Jiddefalls.
 Gre'd : Majemmen, lo stin ech hei ze schwätzen an ech soll um zeng Auer an der Epicerie sin. Ech mache mech hurteg ewech. Den Owend kommen ech eriwer

gespronge kucken we' et ass.
Siss : Dajé, bis den Owend dann. (Gre'd gét fort)

II. S z é n

Siss : Lolo, kuck (ge' emol kucken) op t'Feier nach brennt.
Lolo : (gét kucken) Et dämpft nach.
Siss : Da lé nach Holz (Kuelen) no.
Lolo : T'ass neischt me' do.
Siss : Och nach dé Misär!
Lolo : Soll ech es käfe goen?
Siss : Nén, wa mer all ons Geld fir de Brand ewech gin, dan ass neischt me' do fir d'Medezin ze käfen. (no enger kurzer Paus) Hues de de' Kadetten och all richtig bei der Scho'l ofgeliwert?
Lolo : Jo, och de klänge Charlie an der Spillscho'l, e wor eso' midd, ech hu hien missen e Stéck weit droen, an en ass net licht.
Siss : Arem Kanner, wät gött dät mat hinnen, wan ech net geschwönn eröm gudd sin.
Lolo : Mach der neischt draus, Mamm, et gét schon; elo könt gleich de' eng Joffer, wo' ech dir gesot hun, an och de' äner; du darfs net gléwen wät d'Mumm Gré'd vun hir erzielt huet.
Siss : Jé dach, hál op, wät soll de' sech öm ons kömmeren.
Lolo : Da wärs de gesin, si huet et versprach.
Siss : Dät ge'f mech awer wonneren. De' Leit derange'eren sech net fir eso' e Ráb-bi we' mir sin.
Lolo : Wan se net ke'm, da nömmen well se selwer krank wir, du häss si geschter Owend misse gesin pintschen.
Siss : Wät hät si dann?
Lolo : Ech wéss dät och net.
Siss : De' Leit de' kreischen fir neischt, si wösse net wät Misär ass.
Lolo : (huet Gedeisch he'eren, mecht d'Dir op) Ah, ech wosst jo, dat se ke'm. Bonjour, Joffer.

III. S z é n

Rosalie : (huet eng Handtasch voll Sächen) Bonjour, mei klengt Lolo (gét bei d'Siss) Bonjour, Madame, gét et eröm besser?
Siss : Schwätzt mer net dovun. Ech ka bäl net schwätzen, ech kre'e kén Otem. D'Nepesch wor mer den Dokter sichen... Ech wéss net wät hie gesót huet... ech wor ganz am Fe'wer... ech hu neischt verstänen (kuckt hart dran) ech soen iech dät elo, ech wéss net firwät... dät interesse'ert iech wuel net
Rosalie : Dät interesse'ert mech ganz vill. Ech wor ganz traureg we' ech he'eren hun t'Mamm vum klänge Lolo wär krank.. an so'bäl ech kont sin ech heihi kom fir no iech ze kucken... fir iech eppes Klenges matzebrennen... fir iech ons Sympathie ze weisen, a besonnesch fir iech ze verspriechen, dat dir op ons Höllef ziele könt (iwerw Schwätzen päck et allerhand Sächen aus: Zocker, Orangen, eng Fläsch Wein etc.)
Siss : (hart) Wien huet iech gesot, dir sollt dät do all matbrennen?
Rosalie : Mais ké Mönsh. Ech wollt iech einfach eng kleng Fréd machen. Huet dir et net gär, gefällt et iech net?
Siss : T'ass net dät, mais ech verstin dät net.
Rosalie : Et ass cwer ganz einfach: dir sitt krank... ech wéss, dass dir 5 Kanner huet, dir sid net reich, an ech wöll iech e bösselchen höllefen, et ass fir mech eng Pflicht: t'chröschtlech Nächstele'ft verlangt dät vun ons.
Siss : T'chröschtlech Nächstele'ft? Ech verstin net vill dovun. (hält de Kapp un) O mei Kapp.
Rosalie : Gesid der, dir macht iech mid, dir régt iech zevill op. Rascht elo mol e bösselchen, dir wärt gesin, da gét et eröm besser.
Siss : Besser? Besser gét et engem ere'scht wan én am Lach leit.
Rosalie : Schwätzt dach net eso', ech bieten iech. Mir versuergen iech, mir kucken e we'neg no äre Kanner. Firwat sid dir net am Bett bliwen?

- Siss : Woll ech keng Loft kre'en. Et ass besser, wan ech op sin.
 Rosalie : Mais dir sidd awer net gudd place'ert, wärt (hölt e Kappkössen, a lét et hannendrun) Gesid der, elo könnt dir iech besser zeréckléen, eso' ass et besser.
 Siss : Merci.
 Lolo : (könt mat enger Täs eran) Et ass elo warm genug.
 Rosalie : Wät dann? Ass et fir deng Mamm?
 Lolo : Jo, Te'
 Rosalie : Weiss emol hir, göff mir t'Tass (mecht Zocker dran, re'ert an göt en der Kranker) Heit, schléckt den Te' gutt warm, dät déit iech gudd.
 Siss : Merci (drenkt den Te', Rosalie raumt e bösselchen um Dösch op)
 Lolo : (gét bei d'Rosalie) Sot, Joffer, kreischt der de Muergen net me'?
 Rosalie : Schwätz net me' dervun, du geseis jo, et ass elanscht.
 Siss : Wan é reich ass verfle'en Kommer a Suergen se'er, net eso' bei den arme Leit.
 Rosalie : Reich? Meng le'f Madame, mir sin et net. Ech muss schaffen, fir eppes ze verdengen.
 Siss : Er Arbecht ass ower net eso' schwe'er, dat dir net sollt glécklech sin
 Rosalie : Glécklech... wan dir et nömme we'sst. Kuckt emol, dös Dég hun ech dérmose gelidden, dat ech am le'fsten an t'Wasser gespronge wär.
 Siss : Dorun hun ech och schon oft geduecht.
 Rosalie : Mais ech si katho'lesch. Den härgott verbid dät.
 Siss : A so' (no enger klenger Paus) Sin et d'Leit, de' iech es wöllen?
 Rosalie : Leider, a we'.
 Lolo : Wösst dir, de' ál Tulipant de' Dég, de' weider neischt gemacht huet we' hechelen.
 Rosalie : Ech wéss neischt.
 Lolo : Wösst dir, Joffer, dät wär meines, iwerlosst mir de' Affär, ech kre'en se schons kleng.
 Rosalie : Wät sés du do?
 Lolo : Et wär ganz einfach, si le'g geschwönn de lange Wé um Réck.
 Rosalie : Mais Lolo, dat därf é net machen. Den Härgott huet verbueden, dat é wösch dém aneren e Léid undét.... dät ass greisslech a grausam.
 Lolo : Wan dach awer dén äneren ugefangen huet.
 Rosalie : Och wan dén äneren ugefangen huet. Da muss én et schlécke können.
 Siss : Da misst é jo just alles mat sech gewärde lossen, domat sin ech net d'accord.
 Rosalie : A gewösse Fäll kann én sech verteidigen. Awer et ass ni erlābt sech ze rächen, den Härgott verbid dät.
 Siss : Dät fannen ech awer bosseg.
 Rosalie : (zum Lolo) We' onser Härgott um Kreiz gestuerwen ass, du wéss dät jo, Lolo du woren öm hien eng Band vu schlechte Leid, de' hun hie verspött an him apart we' gedon, an dach wor hien eso' gudd mat hinnen, erönners de dech nach drun, we' mer des Dég dovun geschwät hun?
 Lolo : Jo, de' Band vun Drécksäck, de' alleguer verdengt häten erséft ze gin.
 Rosalie : A wät huet den Heiland gemacht? Hien huet hinne verziën, hien huet fir si gebied... Eso' musse mir et och machen (zur Ame Siss) Kuckt, haut de Muergen sin ech extra an d'Kirech gangen, an ech hun aus dem Fong vu mengem Hierz gebied fir de', de' mir momentan eso' vill undin... an elo, gét et mir vill besser, ech kommen driwer ewech an ech hu neie Liewensmut
 Siss : Dät ass vill ze he'ch fir ons, Joffer, a vill ze schwe'er.
 Rosalie : O nén, mam Härgott senger Höllef ass neischt omme'glech (et klappt)
 Lolo : (ass t'Dir opmäche gangen) O Mammeli, t'Joffer Jenny.

IV. S z é n

- Jenny : (könt eran) Bonjour Lolo, Bonjour Madame, Bonjour Rosalie, we' fro' sin ech, dech hei ze fannen, elo könne mir e bösschen matenén schwätzen.
 Rosalie : Bonjour Jenny (göt him d'Hand)

- Jenny : (gét bei de' Krank) We' gét et iech dann, Madame.
 Siss : E bösschen besser, merci.
 Jenny : Kuckt, mir sin zu zwé komm, fir iech ze hëllef. Ech hun haut de ganzen Däg Zeit fir iech, wa meng Fröndin hei net eso' vill Zeit huet.... an engems kann ech dem Lolo nach am Katjössem virun hëllef. Du wöills jo, Lolo?
 Lolo : Ech mengenes so', zemol wan et nach flott Geschichten göt.
 Jenny : Ganz secher (zur Mme Siss) Ech hätt nach e puer Wuert mat menger Fröndin ze schwätzen, dir erlābt jo?
 Siss : Gär, hei könt dir ro'eg schwätzen oni iech ze gene'eren.
 Jenny : (zum Lolo) Bleiw e we'neg bei denger Mamm sätzen, derno hun ech dir nach villes ze verzielen (Lolo gét bei seng Mamm, si lauschteren no) (zum Rosalie) Dajé, Rosalie, wāt ass lass, schwätz se'er, du wéss, we' o'ge- regt ech sin.
 Rosalie : Ech sin eso' onglécklech, ech wéss et net ze soen.
 Jenny : Aremt Kand! Mais wien, wāt mecht dech eso' ontre'schtlech?
 Rosalie : Dāt ass jo grad dāt schlömmst, dat ech et net wéss.
 Jenny : We'so'? Schwetz dech aus.
 Rosalie : Zenter e puer Dég ass öm mech, bei alle Perso'nen mat dénen ech zesumme kommen eng Atmosphär vu Misstrauen mir gegeniwer, dāt ech mer net erkläre kann. All Mōnsch passt mir op, lauert mech aus, we' wan ech e Verbriecher wär.
 Jenny : Hues de dan net mam Här Dechen geschwāt?
 Rosalie : Dach.
 Jenny : An dun?
 Rosalie : O, hie wor mir vis-à-vis ganz gentil a fein, hien huet gesicht mech ze be- ro'egen a mech eröm opzerichten; an dach hat ech d'Impressio'n, we' wan och hien change'ert wär. Hien huet mir gene'ert geschengt, net me' frei, we' wan och hien bei mir eppes geng supponne'eren.
 Jenny : Jo, mais ower wāt fir Soupcon'en?
 Rosalie : Ech wéss et net. Hie wollt mir net gené soen wāt hien hätt.
 Jenny : Du häas him keng Ro' solle gin.
 Rosalie : Dāt hun ech och gemacht, du huet hien mir agestānen, hien hätt en anonyme Bre'f kritt.
 Jenny : En anonyme Bre'f?
 Rosalie : Hien huet mir ower se'er drop versechert, hie ge'f neischt duerop, hien hätt de Bre'f gleich verbrannt.
 Jenny : Huet hien da net ugedeit, wāt am Bre'f wier?
 Rosalie : Guer net. Awer ech sin iwerzég, dat et him dach eppes ausgemacht huet. Wāt fir mech awer me' schlömm ass, dāt ass an Haupesch.
 Jenny : Wāt hun de' dann?
 Rosalie : Zenter acht Dég hun ech gemierkt dat d'Mme Hauptert net me' de'selwecht wir. Si huet mech observe'ert, vun der Seit bekuckt. Oft, wan ech de Kanner Ston- ne gin hun, hun ech Gepöspers hannert der Dir he'eren. Dāt huet mir ganz Bosseg geschengt. Zu gudder Lescht huet d'Madame Hauptert mir geschter gescht vun der nächster Woch un hätt si en Ersatz fir mech fond.
 Jenny : Net me'glech!
 Rosalie : Ech hu versicht d'Grönn gewuer ze gin. Si huet e puer Ursachen ugin, bei dénen e Blannen erausfont hätt, dat se gesicht wieren. We' ech ower insis- te'ert hun, sot se mir ried eraus, si hätt mech net fest engage'ert gehāt an et steng hir frei, fir hir Kanner dén ze bestellen fir Stonnen ze gin, dén hir geng gefālen.... an an engem To'n, dé keng Äntwert me' zo'geloss.
 Jenny : Aremt Rosalie!
 Rosalie : Op dér Plätz hun ech mei Bro't verdengt. Ech muss schaffen fir ze liewen.
 Jenny : Dir sid dach hoffentlech dohém net eso' weit?
 Rosalie : Mei le'ft Jenny, ech kann dir et soen, dat mein arme Papp an dösem Mōment mat ongeheieren materielle Schwierigkōten ze kämpfen huet. D'Geschäften gin guer net gutt, mir stin virum vollstānege Ruin. De Papp huet verschidde

- gro'ss Verloschter gehät durch d'Faillite vu Leit, de' him schölleg woren Önnert déne Conditio'nen geseis de an, dat ech schaffe muss, an elo hun ech dé Verdengscht verluer, mat dém ech vill gerechent hät.
- Jenny : Rosalie, et dé't mer oprichtig léd fir dech a gléw mer es, wät och komme sollt, ech stin op denger Seit.
- Rosalie : Merci, Jenny, mais wéss de, wät mir am mé'schten ausmecht, dät hun ech dir nach net gesot, ech hätt sollen domat ufänken.
- Jenny : Wät ass et?
- Rosalie : Virgéschter hun ech deng Mamm bege'nt an ech hun och si change'ert font.
- Jenny : Oh, mungs de?
- Rosalie : Ech sin dovun fest iwerzégt. No dém le'we Besuch, dén deng Mamm, den André an du ons leschter gemät, we's du mir allerhand sche' Sächen erzielt hues, we' den André mir geschriwen huet, a wät mei Papp och selwer gesöt huet, du wor ech schons eso' fro', a mengem Härz hun ech schon vun enger sche'ner Zukunft gedrémt, et huet mir geschingt, wa' wan den Härgott mir dén ideale jonge Mönsch gewise hätt, dém sei Bild mir ömmer virgeschiewt huet.
- Jenny : (hölt dem Rosalie seng Hänn) Mei le'ft Rosalie, ech hät dät anuecht geholl.
- Rosalie : An elo op émol, eso' plötzlech, brecht alles we' e Kärtespill zesammen. Mei sche'nen Dräm verflitt an ech free mech, wät lass ass.
- Jenny : Rosalie, ech kann dir ower soen, dass meng Mamm...
- Rosalie : Nén, nén, ech mache mir keng Illusio'nen, ech hu gutt verstänen. Ech wollt froen, wa' et dem André geng, gleich hun ech gesin, dat et denger Mamm net geng, si huet en äner't Thema ugefängen an eng Ursäch gesicht fir fortzuegoen. Do wéss dach e Blannen wo- en drun ass. Ech gesin, dé Fall ass erlédegt. (fängt un ze kreischen)
- Lolo : (zu senger Mamm) Do, elo gét et eröm lass (et gét bei d'Rosalie, hölt et mat der Hand) Kreischt dach net, Joffer Rosalie (Rosalie hiewt sech op a kösst t'Lolo)
- Jenny : Lauschter emol, Rosalie, du geseis vill ze schwarz.... Du urdels ze se'er. Du muss dech verdédegen an ech höllefen dir.
- Rosalie : Jo, mech verdédegen, awer ge'nt wien? Wan ech nömme we'sst, wien eppes ge'nt mech huet. Wan ech we'sst, wät mir reproche'ert göt, da könt ech mech natirlech verdédegen. Awer ech wéss neischt a ké Mönsch wöllt mir et soen. Dät ass dät niddelträchtegst derbei. Huet deng Mamm net irgend eng Undeitung gemacht?
- Jenny : Nén.... ech wollt bei hir furschen, well ech hun och gemierkt, dat eppes net geng klappen, wa' ech vun dir geschwät hun; awer ech hu guer neischt erauskritt. Hues du kón am Verdacht?
- Rosalie : Nén, absclut ké Mönsch.
- Jenny : Du hölls mir et vleicht iwel of; awer has du nach net un deng ä'l Cousine geduecht: an engem Moment vu schlechter Laun, vun Onzefriddenhét oder scoss hätt si können...
- Rosalie : Ech hun cru geduecht. Dach nén, dät ass onme'glech. Si ass net eso' raffine'ert, si ass e we'neg bosseg mais net eso' schlecht.
- Jenny : Ech wéss et och net.
- Rosalie : Kuck emol, Jenny, wa' ass dät eso' härt, wan én sech net ge'nt eso' e Gewulls (Beschass) wiere kann.
- Jenny : A wa' feig a niddelträchtegst sin eso' Leit, de' de' Säche machen. Si gesin emol vleicht net an, wät si durch hir Bo'ssegt urichte können.
- Rosalie : Wät si urichte können! Mei Liewen ass gebrach, meng Zukunft zu Gronn gericht
- Jenny : Dach awer nach net, Rosalie.
- Rosalie : Huel en Duvet mat Plommen, loss se am Wand fortfléen an versich se eröm all zesammen ze räfen, du bringst et net färdeg. Eso' ass et och hei.
- Jenny : Den Härgott le'sst de' Niddelträchtegstéten net zo'.
- Rosalie : Hie kann ower e Mönsch uerg pre'fen... Jenny, ech muss elogoen, ech muss eröm hém, ech muss dem Papp an der Korrespondenz höllefen (stét op)
- Lolo : Gitt der schons eröm fort?
- Rosalie : Ech muss goen.
- Siss : Et dé't mir léd, Joffer, dass dir eso' vill Misär huet.

- Rosalie : Dir gesid, Madame, et ass gesuergt, dat all Mönsh sei Léed huet; an de' é mengt si wiren de' Glécklech, sin oft de' Onglécklechst... Ech kommen nach no iech kucken, mais verspricht mer, dass dir e bösschen fir mech bied.
- Siss : Bieden!... Ech kann net me'.... Kuckt, mir hun net vill Zeit.
- Rosalie : An dach, wan én am Léed ass, huet é nömnen d'Gebied fir neie Mutt ze kre'en Versicht et, dir wärt gesin, et gét bestömmt.
- Lolo : Ech ka bieten. Ech le'eren dech eröm.
- Rosalie : An der Rei. Au revoir Madame, au revoir, Lolo, bis mur wan et gét.
- Lolo : `Äddi, Joffer Rosalie.
- Siss : Losst iech duerfir awer nömme keng gro Hoer wuessen.
- Jenny : (gét mat bis aus) Courage, Rosalie, ech bieten och fir dech; du kanns op mech zielen, ech höllefen wo' ech kann.
- Rosalie : Merci.
- Jenny : Äddi a bis geschwönn (Rosalie gét aus, Jenny könt eröm)

V. S z é n

- Jenny : (zur Mme Siss) Kann ech iech elo eppes gin fir z'uessen oder ze drenken?
- Siss : Né, merci, fir elo brauch ech nach neischt. Ech wéss net we' et ass, awer et gét u mech, wan ech dat Médchen eso' leide gesin. Et huet et ganz secher net verdengt.
- Jenny : Nén, et verdengt et net; et ass eso' e gudd, le'ft Médchen... Dir wösst jo we' fro' et mat ärem Lolo ass, kuckt emol, we'et him hölleft wan ech keng Zeit hun, an eso' ass et fir all Mönsh.
- Siss : Dann ass allerhand ge'nt hat geschriwe gin?
- Jenny : O'ni Zweifel.
- Siss : Et göt over knaschteg, ékleg, dreckeg Leit op der Welt.
- Jenny : Jo, iwerall fönt én déer: Leid, de' e Neid, e Gascht an en Häss am Hierz hun, dat é net fir me'glech hält an dach le'ert ons Religio'n: sid gudd a fro' é mat dém äneren.
- Siss : Wann si dann dé Garce erauskritt, de' dät gemacht huet, sét si dan neischt?
- Jenny : Ech wéss et net.
- Siss : Wät ge'f ech déer over de Büsch kämme, et geng e ganze Putsch Hoer mat. Ir ech krank wor, huet keng mir eso' önnert t'Gröpp dürfen ze kommen, ech mengenes so', gell Lolo?
- Lolo : O Jeme jo, we' mir nach zu N. (irgend en Dueref) woren, wa meng Mamm sech do mam Annekätt hätt...
- Siss : Jo, dät hätt eng gehéereg Schneid, Hoer op der Zong, mais bei mir huet se ni dät lescht wuert behäl.
- Lolo : Wät hun ech do oft gelächt..... mat so' enger ge'f ech och scho ferdeg.
- Jenny : Né, Lolo, dät dierf é net mächen... dé Gescheitsten göt no.
- Siss : Ech sin elo midd, ech mengen ech ge'f elo e we'neg schlofen.
- Jenny : Braucht dir neischt virdrun anzehuelen?
- Siss : Dach, meng Medezin, elo..... én Iessläffel voll.
- Jenny : (schött eraus a göt hir et) So', da rascht elo, ech schaffen an dér Zeit mam Lolo, well mir hun nach vill Katjössen ze le'eren (hieft d'Kappkössen, lét de' Krank zurecht) Elo leit der besser fir ze schlofen (zum Lolo) Ir mer awer elo ufänken, biede mer e böschen.
- Lolo : Gewöss.
- Jenny : Elo kne'en mer ons (si kne'en sech, Lolo virun hat) Du wéss, den Härgott ass iwerall an he'ert ons, wa mir mat him schwätzen.
- Lolo : Jo.
- Jenny : Elo sés du mir sche'n alles no: Härgott, mach meng Mamm eröm gesond.
- Lolo : Härgott, mach meng Mamm eröm gesond.
- Jenny : Le'er mech, dech besser kennen an ömmer me' fro' mat dir gin.
- Lolo : (widerhuel et)
- Jenny : Hällef der Joffer Rosalie, dat se net me' so' vill leid.
- Lolo : (widerhuel et)

- Jenny : Verzeih dénen, de' him we' gedon.
 Lolo : Dät soen ech net.
 Jenny : Dach, Lolo, du muss, so et se'er.
 Lolo : (mat Widerwöllen) Verzeih dénen, de' him we' gedon hun (zum Jenny) Elo bieten ech nach eppes aneschter..(bied) Härgott, ech hätt gär, wans de dér Äler Klätsch, de' Schold un der Joffer Rosalie hirem Misär ass, gehe'reg de Mond stoppe gengs.
 Jenny : Lolo, so' därf é net ze bieten, et därf é kengem eppes Be'ses wönschen.
 Lolo : Mais dach, si soll e ni me' können opdin.
 Siss : (hallef am Schlof) Du hues recht, Lolo... Wan ech we'sst wén et wir, ech mengen, de' krég der, trotz menger Krankhet, gehe'reg önnert d'Gebéck.
 Jenny : (dro't sech öm a bied) Härgott, göff du dénen arme Leit eröm Nächstele'ft, dénen, de' et net besser wössen an och dénen aneren, dénen, de' an dösem Moment dät aremt Rosalie eso' leiden din.

R I D E A U

IV. A K T

=====

I. S z é n

- Mrs Schwartz. sötzt bei engem Dösch a schafft. Jenny gét enerve'ert op an of.
 Jenny : We' ass et dann elo, Mamm? Hues de dem André geschriwen?
 Schwartz : Jo, mei Kand, t'ass geschitt.
 Jenny : Gewe'nlech hues je mer de Bre'f ömmer gin e'ers du en zo'gepecht hues, fir dat ech mengem Brudder e puer Wuert beifüge könt.
 Schwartz : Haut hät ech meng Grenn fir de Bre'f fortzeschécken o'ni dir en ze weisen.
 Jenny : Schwe'erwiegend Grönn, o'ni Zweifel.
 Schwartz : Jo, Mei Kand.
 Jenny : Et handelt sech do, ech sin et secher, öm t'Rosalie?
 Schwartz : Et ka sin.
 Jenny : (könt bei seng Mamm) Le'f Mamm, an du kanns mer net scen, was du dem André iwert t'Rosalie geschriwen hues.
 Schwartz : Jenny, deng Opdrenglechkét iwerrascht mech. Gewe'nlech bass du me' diskret, du bass haut ganz enerve'ert.
 Jenny : Mamm, wan ech haut vleicht ze vill frei sin, dan ass et aus Le'ft zum André an zum Rosalie. Ech och, ech well nömmen d'Gléck vu mengem le'we Brudder, an ech färten ganz, du bass am Gang et ze zerste'eren.
 Schwartz : Eh bien, gudd, wanns du et onbedengt wölls wössen. Ech gin der d'Versöcherer: dass keng Ried me' ka sin vun engem Mariage töschend dem Rosalie an dem André. Ass dät kloer geschwät?
 Jenny : An elo nach deng Grönn. Ech denken, du kanns offe mat mir schwätzen.
 Schwartz : Gewöss, wanns du et verlangs. Den e'schte Grund ass dén, dass dem Rosalie sei Papp a ganz schlechten Schong an Huese stét... sei ganzt Verme'gen gét drop, et bleiwt him net emol me' e Löffel an eng Forchette.
 Jenny : T'ass net d'Geld, wät glécklech mecht. Geldverloscht ass en zeitleche Schue Du selwer hues ons dät so' oft gesöt. Mamm, denks du haut net me' eso'?
 Schwartz : Et ass och nach haut meng Féngong. Ech kann mei Jong awer net mat engem Médic: bestueden dät nömmen seng Kléder um Leif huet, mir sin dach selwer net eso' reich. Den André kann awer e Médche fannen, dät niewent déne beschte Qualite'ten och nach eng kleng Dott huet.
 Jenny : T'Rosalie huet Qualite'ten, de' e Verme'ge wert sin: et ass fleisseg, sparsam, hält op Uerdnong. Ass dät net me' wert we' e Päck Geldscheiner?
 Schwartz : Niewt senge gudde Qualite'ten wärt hat wuel och seng Féler hun?
 Jenny : Zum Beispill. Dé Sätz do, Mamm, muss du mir erklären.
 Schwartz : Gudd, wanns du et wölls, da spille mer mat ganz offene Kärten. Du wéss dat Haupech t'Rosalie virun d'Dir gesät hun?

- Jenny : Jo, ech wéss dät.
- Schwartz : Wéss do dann och firwät?
- Jenny : Nén, wéss du et, Mamm?
- Schwartz : Nén, ech wéss et och net, mais ech kennen t'Madame Hauptert als eng éscht Frä, de' iwerlét a gerecht juge'ert; op déer aner Seit ass se guddhärzeg a bleiwt net un enger Klenggekét hänken. Wan si also elo t'Rosalie fortgeschéckt huet, dann hätt se hir Grönn; a well de' ganz Säch so' urplätzlech un t'Rullen kom ass, do mussen dät ganz schwe'er an écht Grönn sin.
- Jenny : A wann Haupesich sech dann durch be'sswöllig Zongen iwerrieden geloss hätten, o'ni dat bei der ganzer Säch e Quénkchen wo'recht dru wier, wät go'fs de da soen?
- Schwartz : Du bass nach jonk, mei Kand, durch Erfahrung am Liewen kritt é me' a woide Bléck.
- Jenny : Dät wöllt ower net soen, dat én sech net ower enol irre kann; gescheckt verstoppt Ligen können eso' raffine'ert virgedroe gin, dat én muss unhuelen et wär wo'er.
- Schwartz : Et könt ower och vir, dat é ganz erbärmlech hannert d'Light gefo'ert göt vu Perso'nen an de' é gro'sst Vertrauen hätt,
- Jenny : Gudd genug, mais hues du an dösem Fall präzis Doanéen virzeléen. Sin deng Reprochen, dem Rosalie vis-à-vis, begrönnt?
- Schwartz : Vleicht net... vleicht och dach.
- Jenny : Mamm, dat elo ass keng Äntwert. Hues du mam Här Dechen geschwät?
- Schwartz : Jo, dät hun ech gemacht. Du därfs awer elo net unhuelen, dat hien d'Rosalie bei mir verklätscht hätt... an dach, ech kann dir dat hei ageston: grad als Folleg vum Gespre'ch mat him, hun ech de' Decisio'n geholl, de' dir elo bosseg virkennt.
- Jenny : Huet den Här Dechen och vun dém anonyme Bre'f geschwät dén hie krut?
- Schwartz : (iwerrascht) Wé'? Huet hien en anonyme Bre'f krut? Wie söt dir dät?
- Jenny : Ech wéss et.... Mamm, hues du net och vleicht en anonyme Bre'f kritt? (Mme Schwartz zéckt fir ze äntwerten) Du wölls mir net äntwerten. Dann ass et wo'er. An op dät feig Ugeschmiers vun engem anonyme Bre'f verle'ers du den Estime virun engem Médchen, dats du giezon hues... dém seng gudd Qualite'ten du kenns... an wo's du dech schons op et gefrét has én Däg als dei Kand an d'Ärm ze huelen. Dät do ass net ze gléwen... en anonyme Bre'f ass e Wösch, dén é net bekuckt, dén é net liest, wo'riwer net ze diskute'eren ass.
- Schwartz : Jenny, du vergöss, dass deng Wiederer do mir gegeniwer net vill Respekt weisen? Ech ge'f der et äl veriwelen, wan ech net we'sst, dass du a gro'sser Oprengong schwätz. Bero'eg dech, ech bieten dech, a bedenke, dat ech net oniwerluegt handelen, dass ech et net vireilig machen oni doriwer geschlof ze hun.
- Jenny : Mamm, verzeih mer meng Wiederer, du wéss, ech wollt dir net we' don. Awer ech kommen ömmer me' zu déer Iwerzégong, dat t'Rosalie t'onschöllegt Opfer vun engem fein agefiedelte Spillchen ass. Wén doru schafft, schafft net mat proppere Fangeren.
- Schwartz : Breng mer Beweiser fir deng Behäptong, ech si fro' a berét fir mech derfir anzesetzen.
- Jenny : Beweiser?
- Schwartz : Jo, Beweiser, Tatsachen.
- Jenny : Du muss én den Opréckler erausfannen. Awer we' sech do uléen?
- Schwartz : Wann eng Opwöcklerei bestet (et schellt, Jenny gét opmachen)

II S z é n

- Schwips : (ganz salbungsvoll) Dir Dammen, excuse'ert wan ech ste'eren.
- Schwartz : Dir derange'ert net am geringsten, Madame.
- Schwips : Ech wéss we' dir iech fir t'gudd Säch devoue'ert, apart de' Arbecht de' dir fir de Bazar léscht.
- Schwartz : Mir machen ons Bescht fir dem Här Dechen an sengen Oeuvren ze höllefen. Et ass haut des Dags ongeheier vill erfuerdert.

- Schwips : Tatsächlech, an onsen dichtigen Här Dechen ass glécklech, gutt Leid ze fannen, de' him e bösselchen hëllef. We' wonnerbar huet hie schon geschafft an déne 6 Me'nt dat en hei ass. Ech hu fre'er och mei Bescht gemacht, awer aus gesondhátleche Rücksichten hun ech mech missen zereckze'en. Den Alter ass do.... an ech sin och net me' zeitgemäss... an et ass dan och selbstverständlech, dat me' jonk Kräften an Plätz kommen.
- Schwartz : Et kascht jo wuel vill Arbecht a Kappzerbriechen fir eso' e Bazar de Charité an t'Rei ze kre'en.
- Schwips : Ech duecht, et gef iech Plese'er machen, wan ech iech eppes Klenges gong beigin.... entschöllegt dat et nömnen eng Klengegket ass, ech ka mir net villes léschten.
- Schwartz : Mais, Madame, mat dér gre'sster Plese'er accepte'ere mir alles wat gudd Leit ons wülle beigin. Vill kleng Bechelcher machen e Floss.
- Schwips : Natirlech (mecht e kleng Féckelchen lass an iwerrécht eng kleng Handarbecht) Wann iech geliff.
- Jenny : O we' gentil.
- Schwartz : Ech soen iech villmols merci, Madame. Dierft ech vielleicht äre Num wäsen. Den Här Dechen hält vill duerop t'Numa vun all déne Leiden ze kennen de' mat beigesteiert hun, fir hinne perse'alech merci ze soen.
- Schwips : Awer dat elei ass jo bäl net der Me-wert. Enfin: Madame Schwips vum Bottermärt (Jenny ass erstaunt) Iwrigens, den Här Dechen kennt mech.
- Schwartz : (huet de Numm note'ert) Merci!
- Schwips : A propos... ech hun elo e'neschter t'Joffer Rosalie bege'nt. Et ass secher eng vun ären Fröndinnen, ech hun iech ewell e puer mol zesumme gesin.
- Jenny : Jo, secher.... kennt dir och t'Rosalie?
- Schwips : Jo.... e böschen. Ech sin en ält Pärkand vun hei. Ech war nie fort an duerfir kennen ech all Familgen. Dät aremt Kand! Et göt verzielt, et hätt momentan vill Verdross.
- Jenny : (lauschert op) a.... dir wösst och Beschéd?
- Schwips : O jo.... mais eigentlech se'er we'neg. Et he'ert én eso' domm Gespre'cher iwer dät aremt Kand.
- Jenny : An et ass neischt wo'er drun?
- Schwips : O dät ass ganz gudd me'glech. Enfin.... ech ka neischt soen. En äle Sproch sét: Et héscht keng Ko' Bluma, dés si hätt eng Blimchen. Jiddensfalls bei eso' Gespre'cher göt méschtendéls vill iwerdriwen. Dät Médchen schengt dach net dät ze sin, firwät et gehäle go'f, oder et wor ze vill : lichtsönneg, ze vill onvirsichtog.
- Jenny : Ech kann dät ower guer net behäpten.
- Schwips : Ech och net, wuelverstänen, Joffer. Awer et göt haut des Dägs eso' vill Schlechtegkét.... eso' vill schlecht Leit mat Hoer op der Zong, de' sech net schullen de' bescht Leit ze besudelen mat Dréck, an hir Göft ge'nt de' feinst a bescht Leit ze versprözen.
- Jenny : Do sin ech ganz mat iech d'accord.
- Schwips : We' schlecht ass dät.... Röselt e Plommenduvet am Want aus a versicht de' Plommen eröin zesummen ze räfen.- eso' ass et och, wan ech be's Zong schlecht kieder iwert eng Perso'n ausstrít. Ech hun he'eren, dat jonk Médchen hätt durch de' iwel Rieden eng gutt Fartie verpasst, de' sech hie presente'ert hätt.
- Schwartz : We'? Net me'glech!
- Schwips : Nujé, dät ass fir t'Rosalie wuel ké grosse Verloscht, well et ass mir och verzielt gin, e ganz feinen, jonge Mönch, dé nawell Verme'gen hätt, hätt en A op hat geworf. E Möttelmann soll schon seng Chance beim Rosalie versicht hun. Op et eppes göt! Ech wéss et net!
- Jenny : Kennt dir dé jonge Mönch?
- Schwips : Enfin.... e grenzt un meng Familgen. Ech wéss, hie göt guer neischt op de' domm a schlecht Gespre'cher de' a leschter Zeit circule'eren. Et wier ze wönschen, dat t'Joffer Rosalie sech geschwönn gif bestueden. Trotz alle klengen Armse'legkäten verdengt hat dach all Interessen... Natirlech ass et net reich. Et göt erzielt, sei Papp geng geschwönn a Faillite.

- Jenny : Sid dir dés secher?
 Schwips : O, ganz a guer net.... dāt ass eso' getuschelt gin. ènt ass ower secher, eng gro'ss Dote kann dāt Mädchen net matbrennen. Mais dāt huet guer neischt ze bestellen, wan vun dēr ānar Seit genug erbeikōnt. Et ass nōmme schued, dat sei gudd Num gelidden huet..... awer ech babbelen hei, an t'Zeit vergét. Entschöllegt mech. Au revoir, Madame, au revoir, Joffer.
 Schwartz: Au revoir, Madame, an nach émol villmols merci.
 Schwips : An all meng bescht Wōnsch fir t'Gelengen vun èrem Bazar (gét fort)

III. S z é n

- Jenny : A we' ers et elo, Mamm?
 Schwartz: We' soll et sin?
 Jenny : Wāt séss de nun dervun?
 Schwartz: Ech soen neischt.
 Jenny : Fōnds du net, dat de' Madame do, d'E'erlechkét a Perso'n ass? Dass hir wieder en Hauch vun Oprichtegkét an Offenhét ausstrahlen?
 Schwartz: Jenny, huel dech anuecht fir net be'swölleg ze gin.
 Jenny : Ech denken dach, dat ech nach kan eng Feststellong machen o'ni ge'nt Nächstele'ft ze versto'ssen. Fōnds du de Besuch vun der Madame Schwips, de' dach nach ni e Fo'ss iwer ons Dir gesāt, net sonnerbar?
 Schwartz: Si hāt dach hir Ursāch fir haut ze kommen.
 Jenny : Jo, e Prétext huet se sech gesicht mat dem Cadeau fir de Bazar. Si hāt dén grad eso' gudd we' de' anar, am Paschto'eschhaus ofgin. Wuerfir lueft si bei ons den Här Dechen, wo' dach all Mōnsch wéss, dat si e net aussto kann.
 Schwartz: Dāt ass mer allerdenngs opgefal.
 Jenny : A firwāt huet si apart t'Gespre'ch op t'Rosalie bruecht? Hues de net anuecht geholl, Mamm, de' Art a Weis, an selwechten Otemzug hatt ze luewen an durchzekämmen; fir hat mat Virbehāler ze entschōlegen.... fir ons virzemōlen, dat neischt firleit, an dach eppes do ass.... dass hat keng Schold huet an dach net onschölleg ass? De' Art a Weis fir Zweifel a Verdacht opkommen ze din, ass ganz geschéckt..... ower och ganz niderträchtig.
 Schwartz: Huel dech anuecht, dass du kén ongerecht Urdél fālls.
 Jenny : (lebhaft) O meng le'f Mamm, we' hues du eso' recht fir net ze se'er ze urtēlen... Ech ka mech irren, wan ech t'wieder vun der Madame Schwips wōll önnersichen. Awer, Mamm, och du kanns dech irren, wanns du dir eng Mēnong bills no dén Andréck, de' en anonymen Bre'f an dir ervirriff.
 Schwartz: Wōlls du elo net en anert Gespre'ch mat mir fe'eren, de' ganz Sāch stét mir momentan zum Hals eraus. (et schallt. Jenny gétt opmāchen)

IV. S z é n

- Jenny : Ei do, t'Helene, dāt ass le'f.
 Helene : Bonjour Madame Schwartz, bonjour, Jenny.
 Schwartz: Bonjour, mei Kand.
 Helene : Ech hun iech eng gudd Nouvelle ze brengen.
 Jenny : Dan se'er eraus domat.
 Helene : De Streik ass ze Enn. Si hun elo grad en Accord getraff. D'Arbechter si fortgangen a mar de Muergen fānken se erōm all un ze schaffen.
 Schwartz: Desto besser.
 Helene : De Papp ass ganz glécklech, besonnesch, wo' hien e puer ganz interessant Commanden huet, de' hien net hāt können unhuelen, wan de Streik weidergange wier.
 Jenny : Gin d'Geschäfte dan elo erōm besser?
 Helene : Jo, et gétt erōm an d'Lucht, de Papp sét, wan t'Arbechter e we'neg verstānnege wōlle sin, ass Arb.cht do fir we'negstens sechs Me'nt.
 Schwartz: Dāt ass jo ganz agreabel.

- Helene : De Papp ass apart fro' den Owend, woll, ech kann iech dät scen, hien durch e Brief t'Henrichs kint, dass hien an düssen Däg eng bedeutend Zomm Geld ausbezahlt kriitt, de' hien schon als verluer betruscht hätt.
- Jenny : Dät sin tatsächlich gudd Nachrichten, mei le'ft Helene.
- Helene : Am si brengen eröm e wa'nag Fréd an t'Haus, ech kann iech versöcheren, mir hun et ne'lag.
- Schwartz: Ass et?
- Helene : Mit all d'ne Misschelleghöten huet et ons a leschter Zeit léd om de Papp gadoen. Haut den Owend ass hien eröm en Onere Mönch.
- Jenny : An t'Rosalie?
- Helene : Oh, och froe mach, wät t'Rosalie nömme kann hun. Et geseit én him of, dat hat leid. Ass et krank? Et sét nén... ganz söcher huet hat eppes, wat et mir net wöllt scen. (et schallt fast. Jenny gét opmachen)
- Jenny : O, do muss é ganz presse'ert sin.
- Helene : Ech machen mach hurtig ewech.
- Schwartz: Firwät? Nén, bleif ro'ag, mei Kand, da ste'ers de Besuch ganz söcher net.
- Helene : Né, Madame, ech muss hingoen, ech hun och nach e puer Commissio'nen ze macher.
- Jenny : (könt man Lolo erom) Da gés fort?
- Helene : Jo, och muss goen.
- Jenny : Se zum Rosalie, et soli eso' bäl we' me'glech mach besiche kommen.
- Helene : Ech scen hin Beschéd. Op et könt wéss ech net. Äddi alleguer.
- Schwartz: Äddi, mei Kand.
- Jenny : A merci. Se zum Rosalie, ech wir fro' iwer de' gudd Nouvelen (Helen fort)

V. S z é n

- Lolo : (huet an der Hand eng Saccoche) Bonjour, Madame.
- Schwartz: Bonjour, Lolo, we' gét et denger Mann?
- Lolo : Prima... den Dokter wor eröm ken, hie sot si könt d'nächst Woch eröm schaffe goen.
- Jenny : Daste besser.
- Lolo : (weist op t'Saccoche) Hei brengen och iech eppes.
- Schwartz: Wät ass dät?
- Lolo : Ech hun dé Säck elo grad an der Stross font.
- Jenny : De' Persc'n, de' se verluer huet ass bestömt a Suergen. E Gléck nömme, dat e bravt Kand se fond huet.
- Lolo : Ft wor e klengt Onglück. Zwo' Fräen gongen iwer t'Stross an hun t'Käpp widerenéstreckt; op all Seit ko'm eng Benzinskösch... du op émol, flang. Dir hätt misse dät durchonén gesin.
- Schwartz: Ass da ké blesse'ert gin?
- Lolo : Nén, nömme de' zwo' Stöckköschten hätten t'Nuese platt gedréckt. Dir häär de Chauffeur misse heleren, hien hätt eng fest Stömm an en huet de' zwo' güt vernannt. T'wor zovill interessant.
- Jenny : An de' Saccoche hot?
- Lolo : De' zwo' Dittien woren erfa'ert, si sin auenégefuer, we' wan et önnert si gestöpst hätt... de' eng wor gefall, ech mengen t'ass dér hir.
- Schwartz: Has du da keng Zeit fir hir se eröm ze gin?
- Lolo : Nén. De' eng ass an dät Haus eragingen, wösst der Joffer, do wo' de' ä'l Mini wunt, bei der mer dës Däg woren, de' ongeniddelt.
- Jenny : (zu senger Mann) Bei t'Joffer Nathalie.
- Lolo : Ech hun dé Ansek hot am novers opperüf. Et ass och vleicht dér Äner Frä hir wo' de' hin ass, wéss ech net.
- Schwartz: Lesse mer t'Saccoche opmichen fir ze gesin op keng Adresse dran ass. (se macht op, gleich drog erfa'ert se) O mei Gott, de' blo Enveloppe.
- Lolo : (kuckt) De'selwecht we' ech se d'lascht an Här Dechen seng Boite geworf hun.
- Schwartz: (kuckt d'Adresse) An dé Bre'f hei ass u mach adresse'ert. We' soll ech doraus klug gin.
- Jenny : Ech nougen, och fänken un ze verston.
- Schwartz: Ech kann de Bre'f opmachen, well hie jo a mach adresse'ert ass.
- Jenny : Ech glöwe wuel!

- Schwartz : (mecht op a liest) Norichten vu leschter Minutt.- T'Faillite vum Rosalie sengem Papp ass secher. Et gët scho geschwät vu schwe'rem Bedrug. T'Rosalie ass einfachhin bei Haupesch virun Dir gesät gin... One'erlechkét?... Onsittlechkét?... Et wëss'én et net. A bon entendeur, salut!
- Jenny : (huet t'Fierder vum Bre'f mathe'eren) A keng Ünnerschröft... ah, de' Niederträchtig. Eh bien, Mamm, hues du deng Gedanken zesummegeeraft? (si äntwert net) Wo', du zécks nach? Mais, Mamm, dén anonyme Bre'f elo ass t'Fortsetzung vum dém aner, vielleicht vu me' aneren, de's du schons krut hues, an de' den Här Dechen kritt huet. An de' ékleg Verfasserin vum dém Knascht kenne mer Gott sei Dank och elo.
- Schwartz : Ge' net ze se'ler, Jenny, an so' éschte Sächen dierf é neischt iwereilen.
- Jenny : (sicht an der Poche) Du gutt Mamm, we'vill Beweiser musst du dann nach hun? Kuck, (weist eng äner Enveloppe) Madame Schwips, Bottermärt... De' Saccoche elei gehe'ert hir... an dé Bre'f elei, we' de' aner, huet si geschriwen... Dät ass dach kloer an c'ni Zweifel. An de' huet nach de Courage, eso' bei ons elo e'noschter eranzekommen! Nén, ech kann et bäl net gléwen, dass dem Härgott seng Sonn so' Canaljen' beschengt.
- Lolo : (rosen) De' äi Tulipant!
- Jenny : Wölls du ro'eg sin, Lolo (zu senger Mamm) An elo, Mamm?
- Schwartz : Wät solle mer machen?
- Jenny : Ganz einfach. Mir sichen de' Frä elo gleich op, mir stellen se blo'ss a mir wäschen hir de Kapp we' si et verdengt.
- Lolo : Ei, jo, jo, losse mer goen!
- Jenny : Pst, du. Awer wät kann de' Frä ge'nt t'Rosalie hun?... .. Ah, elo denken ech drun: et kann nömmen sin, well si hir Espèce vu Neveu mam Rosalie wöllt bestueden, dat si de' ganz Geschicht opdöscht. Jiddefalls muss alles beim Här Dechen a bei Haupesch vum Rosalie redresse'ert gin. Awer dät wichtigst ass elo, de' elle Pöll ze fannen.
- Schwartz : Loss mech gewärden, Jenny, ech war schwach gehug mech eso' licht fänken ze lossen, ech muss et och eröm an t'Rei brengen. Du gengs vleicht ze weit... Ech gin t'Madame Schwips opsichen.
- Jenny : Ech hälen drop bei der Entrevue derbei ze sin.
- Lolo : An ech, Madame, ech och, ech hun de Säck fond.
- Schwartz : Dät gesi mer.
- Jenny : (voller Fréd) Endloch komme mer aus dém Schlamassel eraus. Härgott, villmols merci.

R I D E A U

V. A K T

=====

Zömmen vum der Joffer Nathalie, we' am 1. Akt.

1. S z é n

Marie sötzt op engem Kne' om Buedem a bischt de Mantel vum der Mme Schwips.

Marie : Voilà, Madame, elo ass neischt me' drun. Et wor glécklecherweis nömme Stöps.

Nathalie : E Gléck, dat dir iech net we' gedoen huet.

Schwips : Gott sei Dank, dat ech net eso' licht et mat der Angscht ze dun kre'en. Ech sin de' Ke'ler ower nach gudd ewech kom. De' Chauffeuren huelen och guer keng Rücksicht op t'Fo'ssgänger.

Nathalie : T'ass é bäl net me' so' king fir op t'Stross ze goen. De' Sächen do sin net me' erläbt. A wät fir enger Zeit liewa mir haut. (zum Marie) Marie, mei Kund, wölls du ons eleng lossen. Ge' an t'Kichen. Wann ech dech brach ruffen ech dech.

Marie : Jo, Madame, ech gin (fir sech) Ech ste'eren se secher nés. Ech we'sst mer nol gar, wät de' elo all Däg zesummen durchzehechelen hun.

- Nathalie : Ech komme mir es net zo', wann ech bedenken, dat dir bei t'Schwartz gange sid. An nach, dass dir et fêrdeg bruecht huet, hir en Objet fir de Bazar ze offere'eren.... eng gro'ssarteg Iddi.
- Schwips : Wät wöllt dir hun. Et ass mir schon zenter zwén Dég am Kapp rond gangen, hun et absolut misse wössen.
- Nathalie : A wät wor dät dann?
- Schwips : Eh bien. Ugeholl, si hun de Plang vun engem Mariage opgin. We' sech do uléen fir dät erauszekre'en... do go'f et nömmen é Möttel, drop lass goen. Ech sin eng Frä' vun Decisio'n.
- Nathalie : Tatsächlech, ech bewonneren äre Mutt, Madame Schwips... an, wösst dir et elo?
- Schwips : Natirlech.... Maja, ech hun net direkt t'Fro gestallt... ech hu mech ganz klug ugeluecht fir eppes erauszekre'en. Ech hu varzielt ech hätt he'eren t'Rosalie hätt e sche'ne Mariage verpasst durch de' Gespre'cher, de' vun him am Ömläf sin.
- Nathalie : An t'Madame Schwartz huet net riposte'ert?
- Schwips : Net am geringsten. Dät beweist, dat t'Säch richtig ass.
- Nathalie : A la bonne heure, de' Säch wär jo dann an der Rei.
- Schwips : (schwätzt me' lues) An, dann fir kén Soupçon op mech fälen ze lossen hun ech t'Rosalie bei hinnen verteidegt.
- Nathalie : O, wät eng Raffinesse!
- Schwips : Wät wöllt dir hun... et muss én sech am Liew n erömzeklappe wössen...mais bero'egt iech, ech hun et net ganz weiss gewäsch, ech hu verschidden Soupçon'en opgeloss. Dir verstitt, et wor nach ze fre'.
- Nathalie : Secher, mir dierfen net zerste'eren, wät mir mat eso' vill Me' opgebaut.
- Schwips : Natirlech... durno hun ech geschwät vun engem Mariage mat engem änere jonge Mönsch, we' vun enger Affär de' so' weit fix ass. Ech huelen elo un, dat et der Madame Schwartz net me' am Dräm afällt, hanner hir Wieder ze goen. Si kann hire Jong bestueden, mais net mam Rosalie.
- Nathalie : Dät ass ganz schlaue arrange'ert. Wösst dir, ech wär ni duerop kom.
- Schwips : Mei Mann, Gott tre'scht hien, söt ömmer: an dengem Kapp ass Grötz, an o'ni mech ze bretzen, et ass eso'.
- Nathalie : Ech ge'f eppes dröm gin, wan ech hémlech an engem Eck hätt könne nolauscheren. Dät muss dach komesch gewiescht sin. Am Fong geholl, wann d'Madame Schwartz och nach eso' dichteg ass, mir hun se dru kritt. Dät monte'ert mech, ech fille mech lo Joer me' jonk.
- Schwips : Maja, de' Tötzt hät sech agebild, si könt hei t'ganz Ge'gend rege'eren. Lo kritt de' emol op t'Läppe geklappt.
- Nathalie : Wan si et ower erauskrit.
- Schwips : Bero'egt iech, doge'nt hun ech all Precotio'nen getraff. Awer mir hun elo ere'scht den halwe Wé hannert ons. Et handelt sech elo dröm, mei Neveu Alex mam Rosalie bekannt ze machen.
- Nathalie : An do fanne mir och nach Hoer an der Zopp.
- Schwips : Wuelverstänen, vun senger Seit aus bestin net de' geringst Schwierigkäten.
- Nathalie : Söcher, awer t'Rosalie, do ass den Höken; dir wösst, wan hat sech eppes an de Kapp gesät huet, dann ass et schwe'er him dät auszerieden.
- Schwips : Momentan, no dem Verdross vun déne leschten Dég... dir verstitt, do ass et ganz secher gedrückt, deprime'ert. Et wär vleicht dé beschte Moment fir et ze versichen, wät mengt dir duerzo'?
- Nathalie : Vleicht.... Et soll gleich heihinnen kommen.... wöllt dir wärden!.... dir könnt da selwer e Wuert mat him schwätzen.
- Schwips : Mir schengt, et wär besser wan dir dät mache genzt.
- Nathalie : Wuelverstänen brengen ech t'Ried drop, mais, wan dir derbei sitt, dann ass et me' licht, dir hölleft mir.
- Schwips : D'accord, eso' göt et gemacht.
- Nathalie : Eso' eng Beschäftigung, dät brengt dach mol Ofwieslong an onst Liewen.
- Schwips : Ech hun dät gär. Onst Liewen ass so' monoton, an ech sin eng Kämpfernatur, ech hun en Temperament vun engem Kapitän... engen Generol, bei mir muss et donneren a blötzen, nom Polver richen.

- Nathalie : (lacht) De' Madame Schwips? An t'Kirmes? Huet dir dāt schons he'eren?
 Schwips : Nömmen zwé Wierder vu mengem Besuch vun eloe'näschter, well ech hun all Relatio'nen mat onsem Dechen gebrach. Bedenkt dach, dé Mamm ass émol ze vill égemächteg, an hien ass mam Beile gehän.
 Nathalie : Hien traut vill ze vill senge gudde Pärkanner. Fir dāt, wāt mir allebe'd fir t'Oeuvren geléscht hun, gôt de' Madame Schwartz virgezun.
 Schwips : Hät ech iech et schons gesôt (vertraulech) ech hun de Bre'f fortgeschéckt
 Nathalie : Und t'Bistum?
 Schwips : Jo, a wann hion duerno net e bösselchen op t'Fanger geklappt kritt, dann ass och neischt mam Beschof lass.
 (et klappt un der Dir)
 Nathalie : Entrez.

3. S z é n

- Rosalie : Bonjour, Cousine, Bonjour Madame. Ste'eren ech?
 Schwips : Net am gerengste, mei le'ft Kand.
 Nathalie : Né, komm bei ons, mei klengt Rosalie, sôtz dech bei ons (gôt t'Hard) ir hun elo grad vun dir geschwät, t'Madame Schwips an ech.
 Schwips : Jo secher, Joffer Rosalie. Ech hun elo grad der Joffer Nathalie gesôt, we' léd et mir öm dech dét. Mir sin opgereggt iwer de' ékleg Gespre'cher, de' be'swölleg Leit iwer dech an dösen Dégen erömkolporte'ert hun.
 Rosalie : Merci, Madame.... et huet mir vill ausgemacht.
 Schwips : Du brauchts ons dāt net ze soen, mir verstin et gutt.
 Nathalie : Loss dech ower net nidderkre'en, Rosalie, et sin dach nömm Bagatellen.
 Rosalie : Ganz söcher, Cousine, ech hun ower meng Plätz an Hauptesch verluer a meng Zukunft ass a Gefohr. Wann dāt net wier, da wier et net eso' schlömm (kreischt)
 Schwips : Lauschter, Rosalie, verstänneg Leit können dach neischt op eso' Geklatsch gin. Deng E'er kann trotzdem kén dir huelen.
 Rosalie : Meng E'er könt ké mir huelen, sot dir?
 Nathalie : Natirlech net, mei gutt Rosalie. Nach dös Dég huet e Jonge Mönsch bei der Madame Schwips voll Respekt iwer dech geschwät, net wo'er, Madame?
 Schwips : E ganz le'wen a feinen jonge Mönsch... e gudde Jong.... an enger gudder Positio'n... mat engem sche'ne Verme'gen menger Werrecht.
 Rosalie : Wāt mengt dir domat?
 Nathalie : Mais mir wönsche fir dech eng sche'n, herrlech an onverhofft Parti.
 Schwips : Jo, onverhofft, grad just elo no dém miserablen Geklatsch vun der leschter Zeit.
 Rosalie : Dir sôt dach et wär net eso' schlömm.
 Nathalie : Verste' gudd, Rosalie, et sin ömmer Leit, bei dénen' eppes vun dem Colportage hänke bleiwt.. Leit, de' dech duerop schief bekucken, dir de Réck dre'en, de' hâte wirklech net vill Zo'trauen zu dir.
 Rosalie : Dāt ass jo wo'er.
 Schwips : Par contre, mei Neveu...
 Rosalie : (sprengt op) äre Neveu?
 Schwips : jo, et handelt sech öm mei Neveu Alex Schwips, du kenns hien net, awer hie kennt dech (mat Eifer) A nén, dén huet ni dru gegléwt, wāt si vun dir erzielt hun. Hie wosst gene', dat dāt net me'glech wir vun dir, Rosalie. Hien huet t'Achtung virun dir net verluer, hien dét den Hutt virun dir weit of, a wans du wölls, da kann de' Achtong sech an en anert Gefill verwandelen... an eng Unhänglechkét, an eng Le'ft, de' nie.... (et he'ert én ahnert der Szén e Gespre'ch)
 Nathalie : Wāt soll nömm geschitt sin?

6. S z é n

- Marie : (könt eran) Joffer, et sin Dammen so, de' onbedengt mat iech schwätze wöllen an och mat der Madame Schwips.
 Schwips : Mat mir?
 Nathalie : Wie kan dāt sin? Hun se hire Numm net gesot?

- Schwartz : (könt mat hirer Duechter Jenny a mam Lolo dran) Erläbt mer, Joffer, fir mech virzstellen, dir kennt mech vleicht nach net (kuckt op Mme Schwips) De' Madame kennt mech, et ass nach net eso' lang hir, dat mir ons gesin hun. Mei Numm ass Schwartz, meng Duechter Jenny an e klengt Médchen aus dem Quartier (gét bei t'Rosalie a gôt him t'Hand) Bonjour, Rosalie.
- Rosalie : Bonjour, Madame.
- Nathalie : Madame, ech si wirklech iwerrascht.
- Schwartz : Dät gléwen ech.
- Nathalie : Ech froe mech, mat wat fir engem Recht...
- Schwartz : Mir sin mat der Dir an t'Haus gefall, oni invite'ert ze sin.
- Nathalie : Et schengt es eso'.
- Schwartz : mir komen mat dém Recht, Joffer, dat mir hun, fir ons ze verdédegen oder me' gené, fir dät jongt Médchen hei ze verdédegen ge'nt one'erlech a falsch Leit, de' et an den Dréck schléfen an him seng E'er a sei gudde Numm huelen (Schwips a Nathalie bekucken sech, et gôt hinnen onhémlech)
- Schwips : (tuddelt) Ma..ma..madame, ech... ech wéss net, wät dir mengt.
- Nathalie : Ech och net.
- Schwartz : E Moment Gedold, dir wärt schons nokommen (hölt t'Sacchoche aus dem Lolo senger Hand) Kennt dir dös Sacchoche, Madame?
- Schwips : Mais, mais... dat ass jo meng... Wuer hāt ech se geluecht, ech hāt neischt gemierkt...
- Schwartz : dat dir se lo e'neschter verluer hāt? Dät Kand hei huet se am Strosserevèrs fond... mir brengen iech se eröm.
- Schwips : (stréckt d'Hand aus fir se ze huelen) Merci.
- Schwartz : Nömme grad, fir ze wössen wiem ze gehe're ge'f, hu mer se missen opmān (Schwips erfe'ert) régt iech net op, dir fand alles dran eröm, bis op e Bre'f dén u mech adresse'ert wor an dén ech mir erläbt hun opzemāchen. Ech denken et wor mei Recht...
- Schwips : (ganz durchenén) Mais... mais.... dé Bre'f... ech versöcheren iech....
- Schwartz : Nén, sôt le'wer neischt. Mais ént ass söcher: dé Bre'f ass vun ärer Hand geschriwen we' de' zwe'n āner anonym Bre'f och, de' ech krut.
- Rosalie : Mei Gott, de' Frä wor et also.
- Jenny : Jo, et wor si.
- Rosalie : De' nidderrächtog Perso'n.
- Schwips : Et hāt eng Perso'n mir dé Bre'f gin.
- Jenny : Eng nei Ligen.
- Schwartz : Et huet ké Sönn fir sech wölle reng ze wäschen. Mir hun all no'twennege Önnerlagen an dir brengt et net me' färdeg iech erauszeze'en.
- Schwips : Ech schwieren iech...
- Schwartz : Beileiwe net.
- Jenny : Mir wössen we'vill är Schwier wert sin.
- Schwartz : Engt wösst dir vleicht nach net, Madame, dät Léé, wat dir engem jonge Mōsch ugedon, de' Depressio'nen, de' dir verschöllt huet.
- Rosalie : Dät kann si ni begreifen.
- Schwartz : Är Jalousie, är Gehäsegkét a vleicht hāt dir nach manner sche' Motiver, hun iech eso' weit bruecht, och virun dem niddregste Möttel net zeréckzeschrécken, virun der Verleumdung, echt letzeburgesch: virum Beschass.... an dir hāt net emol de Mutt, fir et öffentlech ze machen, et huet missen me' armse'leg an deierlech sin: durch anonym Bre'f (zitt eng blo Enveloppe eraus) Dé Bre'f hei, Madame, ass eng Schän. An dir hāt so'guer t'Frechhāt déselwecht un den Här Dechen ze schécken.
- Schwips : We'? Wät?
- Lolo : Dät stömmt... ech hun é vun iech a seng Boite geheit. Ech hāt nach drop gespaut. Dé wor grad we' dén elei, de'selwecht Färw.
- Marie : (erkennt t'Enveloppe) O, ech irre mech net, dät ass jo dé sche'ne Bre'fpoepier vun der Joffer Nathalie.
- Nathalie : (rosen) Marie, wölle du wuel dei freche Mond hālen, an an deng Kiche goen.
- Marie : Ech hu mech ömmer gefrpt, wät de' zwo' so' vill hémlech zesummen ze tuschelen hätten. Lo wéss ech et: de' hätten eng formidabel Korrespondenz.
- Nathalie : Marie, t'ass dés lo grad genug.

- Mario : (lauschtert net no, gét bei de Schäf an hölt t'Köscht mam Bre'fpopeier eraus) Kuckt hei, hei ass t'Affaire, si hätten nach eng Onmass dér blocr Bre'f schreiwen.
- Nathalie : (rosen) Marie, du kanns dei Päck machen.
- Marie : Du brauchst mech guer net fortzeschécken, Joffer, ech gi vum selwen (mecht sei Schirtech lass) kón Däg me' bleiwen ech am Dingscht vun so' enger Schlang.
- Lolo : Bravo, Mareikätt.
- Schwartz : Meng Komplimenter, Joffer Marie.
- Nathalie : (ausser sech) Ech muss iech bemierken, Madame, dass dir hei a mengem Haus sitt an dass dir guer ké Recht huet mech ze belédegen.
- Lolo : (zum Marie) De' ä! Spann göt nawell rosen.
- Schwartz : (ro'eg) Joffer, ech mengen et wir ubruecht t'rollen ze vertauschen. Dir wösst vleicht nach net, dass mir am volle Recht sin, iech bei der Police un zezeigen.
- Schwips : Po..po..polizei?
- Schwartz : Ganz recht, bei der Police, an et wär ons nawell ganz licht, de' kleng Rechnong um Gericht begleichen ze lossen.
- Lolo : Lo ass et so' weit... ech gin t'blénkeg Knäpp sichen (wöllt fort, Jenny hält et zréck)
- Jenny : Komm, schéck dech.
- Schwips : (hält sech un der Joffer Nathalie fest) O? Joffer Nathalie, mir sin drun.. o mein Hierz, we' göt et mir eso' wéck (fällt an e Fotell)
- Schwartz : Mir hätten an dösem Moment t'Recht iech onse ganzen Ekel an t'Gesicht ze werfen, fir de' Gemenghét, de' dir iech erlābt huet, an et wär fir t'Rosalie licht, iech be'ssen ze lossen wāt dir un him verbrach huet. Stellt iech vir de' Fréd de' et hätt vir är Nidderträchtegkét un t'gro'ss Klack ze hänken, dir misst iech bis an den Ierdbuedem era schummen.
- Schwips : (geschloen) Joffer... ech bieten iech öm Verzeieng.
- Jenny : Mir brauchen nömmen de' gewicht Rafinessen vun dénen Dammen dem Här Dechen an der Haupesch ze verzielen, önnerwe' soan mir et an der Epicerie um Eck, beim Bäcker a vis-à-vis?
- Marie : A mar de muergen wéss t'ganz Duerf et.
- Schwips : (biedelt) O nén, macht dāt net, donkt ons de' Schän net un.
- Nathalie : Mei klengt Rosalie, ech bieten dech.
- Schwartz : Dir huet iech net gescheit fir him Schän ze machen an et wär nömmen seng verdengt Satisfactio'n, wan et sech fir èr Gemenghéten ge'f rächen... Awer t'Rosalie huet e Chröschtenhierz... an och ge'f mech irren, wan hat Häss mat Häss belo'ne ge'f... Rosalie, un dir ass t'Entschédong.
- Rosalie : (denkt e we'neg no a sét douce) Si hu mir battert Léd ugedon... awer den Härgott soll hinne verzeien we' ech hinne verzeien.
- Jenny : Bravo, Rosalie, dāt ass nobel (göt him eng Dés)
- Schwips : (je'mert) ah!
- Schwartz : Huet dir et he 'eren? (keng Äntwert)
- Lolo : De' ä! Köschte kre'en de Mond net op.
- Schwartz : Huet dir et net he'eren? Är Façadereligio'n verstét dāt net. Dé kennt t'Léd an t'Suergen vum Noper net, dén denkt nömmen un dāt le'ft Ech mat alle Passio'nen vun onser armse'leger Mönschenatur. Dem Rosalie seng sche'n a gro'ss Religio'n weist him de Wé vun der Le'ft, vun der Verzeieng. Nés eng Ke'er beweist et sech, dass t'Le'ft me' gro'ss ass we' den Häss... Dös Lektio'n soll iech we'negstens eng Le'er sin.
- Schwips : O, dāt versprechen ech iech.
- Rosalie : Marie, huel dei Schirtech eröm a bleif am Dingscht vu menger Cousine. In ech bieten dech, dass ké Wuert vun dém eraus könt, was du elo he'eren hues.
- Marie : Soll ech da schlecht sin, wo' dir, Joffer Rosalie, eso' gudd sid. Et bleiwt wuelverstānen alles önner ons.

- Nathalie : Merci, Rosalie!
- Schwartz : Mei le'ft Rosalie, ech begléckwönschen dech an et ass elo u mir, fir dech
öm Verzeiung ze bieden.
- Rosalie : Ech we'sst net firwät?
- Schwartz : O dach, ech wor eso' schwach fir mech ömgachelen ze lossen durch de'
Stöppeleien, de' de' Dammen eso' geschéckt opgewéckelt hätten. Dät déet mir
léd. Du denks net me' drun, geldu, mei le'ft Rosalie, mei Kand... wöll
ech hoffen, dats du geschwönn bass.
- Rosalie : Mei Gléck ass eso' gro'ss, dat ech all vergange Misär vergiessen.
- Schwartz : Merci, mei Kand (göt him t'Hand)
- Lolo : (zum Jenny) Hun ech da net och recht op eppes?
- Jenny : Komm, Lolo, du bass e gutt Kand(dréckt et un sech)
- Lolo : (mecht sech lass) T'ass egal... wann ech mat cénen zwo' ze din gehät hätt
gare la mine (hält sech de Mond zo')
- Jenny : (muss lachen) Wölls de ro'eg sin, du kleng Hex!

R I D E A U

HOER



op der

Z O N I N G



En éscht Stéck aus dem Liewen a 5 Akten arrange'ert vum R.K.

Perso'nen:

Nathalie..... eng äl Joffer vu 55-60 Joer 2 schro' Verleumderinnen
Mme Schwips Wittfrä vun 50-55 Joer
Rosalie e jonkt Médchen vun 20 Joer vu le'wem Charakter
Helene seng Schwester, 15 Joer
Mme Schwartz eng Witfrä vu 45 Joer
Jenny hir Duechter, 18 Joer
Marie Dingschtmédchen bei der Joffer Nathalie, 18 Joer
Lolo e vernoléssegt Kand vun 12-14 Joer
Mme Siss dem Lolo seng Mamm, eng geplote Witfrä von 35-40 Joer
Mme Gre'd hir Nopesch, 50 Joer
Louise
Yvonne
Léonie 5 jong Médercher, dé an den Oeuvren vun der Pär mat-
Marie-Josée schaffen.
Mathilde

De' 5 jong Médercher sin nömmen am 2. Akt. T'Helene kurz am 2. a 4. Akt
Marie am 1. an am 5. Akt.

Mat äner Kléder an Toiletten können de'je'neg de' Mme Siss, Mme Gre'd, Marie, Mme
Schwips, Joffer Nathalie spillen, d'Rollen vun dénen 5 Médercher spillen, so'dass
am No'tfall t'Stéck mat 10 Médercher opgefë'ert ka gin.
